Ordre du jour

1. Communications
2. Retrait du rôle des affaires
3. 5434 - Projet de loi portant création d'un lycée-pilote

   (Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale)
4. 5395 - Projet de loi portant engagement à durée indéterminée du personnel du Service rééducatif ambulatoire (SREA)

   (Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale)
5. 5403 - Projet de loi modifiant
   1) le Code des assurances sociales;
   2) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois;
   3) la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension

   (Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale)
6. 5434 - Projet de loi portant création d'un lycée-pilote (suite)

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel)
7. 5395 - Projet de loi portant engagement à durée indéterminée du personnel du Service rééducatif ambulatoire (SREA) (suite)

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel)
8. 5403 - Projet de loi modifiant
   1) le Code des assurances sociales;
   2) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois;
   3) la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension (suite)

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo et Lucien Lux, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eis eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

1. Communications

Da wëll ech der Chamber folgend Matdeelunge maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Monsieur Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 30 juin 2005, le projet de loi 5486 modifiant et complétant a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État, b) la loi du 21 décembre 2004 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005, c) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État, d) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État.

2. Retrait du rôle des affaires

Wat de Rôle des affaires ubelaangt, huet op Ufro vun der Regierung d'Presidentekonferenz sech domat averstanen erkläert, d'Projets de loi 5223 an 5224 iwwert d'Organisatioun vun der Primärschoul vum Rôle ze sträichen, well se duerch nei Projeten ersat ginn.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi portant création d'un lycée-pilote. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Maroldt, d'Madame Brasseur, den Här Diederich, den Här Adam, den Här Henckes an d'Madame Gantenbein.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jos Scheuer. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

De Rapporteur huet 30 Minutten Zäit.

3. 5434 - Projet de loi portant création d'un lycée-pilote

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. Jos Scheuer *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Neie Lycée, dat ass een Numm dee sech séier agebiergert huet. En ass vun der Press iwwerholl ginn, en ass och vun de Syndikater iwwerholl ginn. Een Numm, mat deem sech programmatesch Erwaardunge verknëppen, an ech mengen esou sinn och d'Diskussiounen an der Chamberskommissioun gefouert ginn.

De Kolleeginnen a Kolleegen, aus Majoritéit an aus Oppositioun, wëll ech Merci soe fir d'Aarbecht an där Kommissioun. Ech drécken et mol esou aus, d'Diskussioune si gefouert ginn ouni Préjugé défavorable. Se si gefouert gi mat enger gespaanter Erwaardung, mat enger ofwaardender Haltung vläicht, an dat un d'Adress vum Här Maroldt a vum Här Sunnen, mat enger gewësser Ongleewegkeet, datt se net esou vu viraus iwwerzeegt waren, intellektuell iwwerzeegt waren, mä de Glawe feelt hinnen net; mir wäerten dat ganz bestëmmt och nach an der Diskussioun héieren. An de Rapport ass ouni Géigestëmm ugeholl ginn. Dat als Virspann.

Zum Projet de loi elo, dem Projet de loi 5434, iwwert deen e Lycée-pilote geschaf gëtt, an ech hunn nogekuckt am „Petit Robert", wat d'Definitioun vu „pilote" ass. „Pilote" ass eppes wat esou definéiert ass: «qui sert de modèle» oder «qui sert de champ d'expérimentation pour de nouvelles méthodes», a genau déi Definitioun klappt, stëmmt iwwerenee mam Objet vun dësem Projet de loi.

Ech hunn ee schrëftleche Rapport gemaach, mengen ech, in extenso, mat ville Säiten. En Text mam Projet de loi vun 22 Säiten, relativ laang also, awer och detailléiert, a mäi mëndleche Rapport soll net dat widderhuelen, wat am schrëftleche steet.

Den 20. Januar 2005 ass de Projet deponéiert ginn. De Rapport ass de 14. Juni 2005 majoritär ugeholl ginn an de Conseil d'État huet säin Avis de 24. Mee 2005 ofginn, sou datt d'Kommissioun ganz zügeg schaffe konnt; och dofir e Merci.

D'Charakteristiken da vun deem Lycée-pilote, ganz kuerz, awer d'Essenz soll ervirgestrach ginn.

Éischtens d'Offer am neie Lycée-pilote. D'Offer fir de Secondaire classique bezitt sech op d'Septième bis Quatrième, duerno geet d'Spezialisatioun a Sektiounen un, an déi Spezialisatioun gëtt am traditionelle Lycée weidergefuer. Zweetens dann, fir de Secondaire technique a fir den Enseignement préparatoire, ginn am Lycée-pilote Klasse gemaach vu Septième bis op Neuvième. De Lycée mécht dann d'Dieren op de 15. September 2005 mat aacht Sektiounen, an am Joer 2008-2009 soll dann de Lycée komplett si mat engem Total vu ronn 600 Elèven.

Zweete Volet, d'Stonnepläng an den Encadrement vun de Schüler. De Lycée ass eng Ganzdagsschoul, an zwar eng richteg Ganzdagsschoul, sou wéi se deelweis, mat Differenzen allerdéngs, an anere Lycéeë scho realiséiert ass a bestëmmte Beräicher. D'Elèvë mussen obligatoresch also, vun 8 Auer moies bis 16.30 Auer vu méindes bis freides an der Schoul sinn. Dat heescht si liewen zesummen, si iessen zesummen, si spillen zesummen, si studéieren zesummen, si maachen Aktivitéiten zesummen.

Dee Schouldag ass a Phasen agedeelt, an zwar virun allem an dräi Phase vu Schoulcoursen, déi duerch eegestännegt respektiv guidéiert Léieren, oder awer duerch Entspanen a relax Aktivitéite vunenee getrennt sinn. Während där Zäit, wou keng Coursë sinn, ginn d'Schüler vun Educateure betreit, déi souwuel an der Grupp wéi och individuell mat den Elèvë schaffen, widderhuelen, d'Elèvë virbereeden oder hinnen hëllefe Recherchen ze maachen. De Lycée bitt de Schüler zousätzlech Aktivitéiten, an zwar a folgenden Domänen, déi iwwert dat erausginn, wat am normalen, traditionelle Lycée gebuede gëtt, am Handwierk, am Zirkus, an der Gäertnerei an och am Theater.

Drëtte Volet dann, wat nei ass un dësem Lycée: de Regroupement vun de Matièren, de Regroupement vu Lerninhalter. Den éischten Objektiv vum Neie Lycée muss dee si fir d'Elèven esou virzebereeden, datt se an deem traditionelle Schoulsystem, an dee se jo och nees erakommen, no der Neuvième oder no der Quatrième, ouni besonnesch Problemer weider studéiere kënnen. Mä doriwwer eraus sollen se och nach Kompetenze kréien, déi iwwert dat reng klassesch schoulescht Wëssen erausginn, an dës Kompetenze mussen an engem Règlement grand-ducal definéiert ginn. Dat sinn d'Kompetenzen, déi iwwert d'Widderhuelen erausginn, iwwert d'Erëmginn vun deem, wat een an engem Cours geléiert huet.

Dat soll erreecht ginn duerch d'Zesummeleeë vu Fächer, duerch eng Vernetzung vun de Matièren a vun de Fächer, an zwar a siwe Sparten. Déi Sparte ginn am Text vum Gesetz „Branchen" genannt.

Ech zielen se op:

1. d'Sproochen - Franséisch, Däitsch, Latäin, Lëtzebuergesch an Englesch, an zwar Englesch vun der Septième un -;

2. d'Spart Mathematik;

3. Konscht a Gesellschaft, wou all déi sou genannt Niewefächer zesummegefaasst sinn, déi - nenne mer se mol sou - méi geeschteg wëssenschaftlech orientéiert Niewefächer;

4. Wëssenschaft an Technik mat aneren och sou genannten Niewefächer, Physik a Chimie;

5. eng interessant Kombinatioun vu Sport a Gesondheet;

6. - ech hunn déi zwou lescht Branchë fir zum Schluss gehal - d'Branche „Perfektionéierung", wou all déi geléiert Fächer verdéift kënne ginn, wou déi geléiert Fächer erweidert kënne ginn a wou d'Elèven dann entweder widderhuelen, dat verdéiwe wat se haten, oder och Neies derbäiléiere kënnen; a

7. - e Fach, wat och fir Diskussioune gesuergt huet - d'Erzéiung zu Wäerter an d'Erzéiung iwwert d'Wäerter - Éducation aux valeurs. Ech mengen dee Begrëff „aux" kann een „zu" an „iwwer" ëmschreiwen op Lëtzebuergesch.

D'Programmer an d'Stonnepläng ginn dann iwwer Règlement grand-ducal detailléiert.

Véierte Volet dann, wat nei ass, d'Bewäertung vum Wëssen a Kënnen a vun der Orientatioun vun den Elèven. Sécher ass dat hei en Eckstee vun dem neie Konzept, niewent de systematesch fächeriwwergräifende Programmer. An zwar bleift d'Contrainte wéi an alle Schoultypë bestoen, d'Contrainte fir eng objektiv, eng verlässlech Bewäertung vun de Schoulleeschtungen ze ginn.

De Lycée-pilote geet an en traditionelle Schoulsystem iwwer, also mussen och d'Leeschtunge vun den Elèvë vergläichbar si mat deene Leeschtungen, déi vun den Elèven am traditionelle System verlaangt ginn; also brauche mer eng objektiv novollzéibar Zertifikatioun. Doriwwer eraus sollen awer och nach d'Kompetenze vun den Elèven erfaasst ginn, déi een net mat plakegen Zuele moosse kann. D'Kompetenzen, déi musse beschriwwe ginn.

Eng Bewäertung muss also deenen zwou Exigenze Rechnung droen. Als Instrument do dofir gëtt ee Portfolio - dat ass den Term aus dem Gesetz -, souzesoen ee Carnet fir all Elève geschaf, un deem d'Schüler, d'Professoren an d'Educateure schaffen, een Dossier, deen all Renseignementer iwwert d'schoulesch Carrière an iwwert d'Kënnen a Wësse vum Elève enthält.

D'Orientatioun an d'Promotioun gi vum Conseil de classe gemaach; dee setzt sech zesummen, net nëmmen aus de Professeren, wéi am traditionelle System, mä och aus den Educateuren. D'Eltere mussen déi Promotiounsproposen net onbedéngt unhuelen - och dat ass nei - a si kënnen hiert Kand an eng aner Klass aschreiwen, mä an deem Fall ass dës Admissioun nëmme bedéngt méiglech a gëllt bis zum Schluss vum éischten Trimester, wou dann eng Revisioun gemaach gëtt.

Beim Iwwerwiesselen an den traditionelle Schoulsystem nom Cycle d'orientation, also beim Passage vun enger Neuvième op eng Dixième oder vun der Quatrième op eng Troisième, trëtt ee Jury zesummen. An zwar ee Jury - an dat ass interessant -, dee besteet aus véier Professeren aus engem anere Lycée, déi mussen an deem anere Lycée Schoul halen an aus engem Member vun der Direktioun aus dem Lycée-pilote. Den Avis d'orientation erfollegt op der Basis vum Dossier vum Elève an ëmmer ënner Berücksichtigung vum Avis vun den Elteren.

Dat kléngt alles revolutionär, ass et en fait net. Vergläicht nëmmen de Passage aus der Primärschoul eriwwer an de Secondaire, wou mer duerch d'Ofschafe vum Opnahmexamen och aner Modalitéite geschaf an aner Instrumenter en place gesat hunn, déi de Passage méiglech maachen.

De fënnefte Volet dann, deen nei ass, ass d'Schaffensweis vun de Professeren. D'Professere schaffen am Lycée-pilote am Kader vun Equipen a si betreien hir Klass während dem ganze Cycle d'orientation, dat heescht während dräi, respektiv véier Joer.

Déi Equipe besteet aus siwen Enseignanten, zwee Educateuren, déi fir jeeweils véier Klassen zoustänneg sinn; véier Klasse vum selwechte Joergang. Dës Equipe betreit och den eenzelne Schüler an organiséiert och de fächeriwwergräifenden Unterrecht, virun allem Projeten an Themen op deene geschafft gëtt an déi Equipe fleegt och d'Relatioune mat den Elteren.

D'Professeren halen an deem Lycée-pilote 18 Stonne Schoul an der Woch, si sinn awer nach zwielef Stonnen am Lycée, fir un deenen anere schouleschen Aktivitéiten deelzehuelen an d'Elèven ze betreien; 30 Stonne Presenz ginn also vun de Professeren an deem dote Lycée verlaangt. D'Educateuren hu 44 Stonne Presenz an der Woch an iwwert déi 44 Stonne ginn dann och zum Deel d'Vakanze mat opgeschafft, wou jo de Lycée net funktionéiert.

Sou funktionéiert de Lycée-pilote a groussen Zich, d'Detailer fannt Dir am Règlement grand-ducal an am schrëftleche Rapport.

Ech wëll ganz kuerz nach op verschidde Punkten aus dem Commentaire des articles zréckkommen. Ee Commentaire des articles, wou ech versicht hunn op d'mannst d'Äntwerten ze beschreiwen, zréckzeginn, déi d'Regierung ginn huet op d'Froe vun den Deputéierten, respektiv op d'Diskussiounen, déi do gefouert gi sinn, ouni datt duerno grouss Konklusioune gezu gi sinn.

Am Artikel 2 steet: «Les élèves y reçoivent une formation générale qui leur permet d'accéder à la fin du cycle d'orientation à une formation qui correspond à leurs capacités et à leurs aspirations...».

De Statsrot huet déi Formuléierung net gutt fonnt an hien huet gefrot fir dat ze sträichen, well hei éischter eng Absichtserklärung virläit wéi ee konkret moossbaart Zil vun der Schoul.

D'Kommissioun huet de Statsrot net suivéiert an huet den Text bäibehalen, dat ass asoufern interessant, well mir just wollten duerch déi Formuléierung demonstréieren, datt dee Projet eng Experienz duerstellt, datt eng Absicht do ass, fir déi Ziler, déi do genannt sinn, och ze erreeche mat deene Methoden, déi am Gesetz an am Reglement enthale sinn. Et war also eng absichtlech Formuléierung, déi mir iwwerholl hunn.

An d'Kommissioun notéiert och, datt de Verglach mat dem traditionelle Schoulsystem eréischt nom Ofschloss vum Cycle d'orientation gemaach gi kann an dass sech net schonn en cours de route definitiv ka festgeluecht ginn iwwert d'Valeur vun där enger oder anerer Method oder deem engen oder aneren Zil oder Virgoen aus dem Lycée-pilote.

Zum Artikel 3. D'Kommissioun huet diskutéiert, ob - interessant! - d'lessen an der Kantin sollt oder misst gratis sinn oder net - sécher een Diskussiounspunkt, dee vill Leit interesséiert a garantéiert d'Eltere vun de Kanner, déi an déi Schoul ginn -, a si huet sech dem Conseil d'État ugeschloss. De Conseil d'État huet e salomoneschen Text virgeschloen a festgehalen, datt fir d'Kantinsiesse kann eng Participatioun vun den Elèvë verlaangt ginn, mä d'Elèvë kënnen awer och hiert eegent lesse mat an d'Schoul bréngen. An ech weisen op een Avis hi vun engem Syndikat, ech mengen et ass den SEW, deen dorop gepocht huet, datt dat lessen awer aussergewéinlech gutt misst sinn, well d'Elèvë jo aacht Stonnen dann net un d'Schmier vun der Mamm erukommen.

Mä virun allem am Artikel 1.5 vum Règlement grand-ducal ginn d'Tâchë vun den Educateuren definéiert. A mir hunn och festgehal a betount, datt de Lycée zéng Stonnen am Dag op ass, wat eng enorm Zäit ass, wou d'Diere vun enger Schoul op si fir d'Utilisateure vun deem ganzen Apparat, deen do en place ass, dem Dispositif an den Infrastrukturen.

Am Artikel 4 geet da Rieds vun de Fächer selwer, déi geléiert ginn. Diskutéiert ass ginn op der Basis vum Avis vum Conseil d'État, haaptsächlech iwwer zwee Fächer.

Éischt Fach, natierlech d'Éducation aux valeurs. An dësem Fach sollen déi wichtegst philosophesch a reliéis Stréimungen an Ideologien objektiv duergestallt ginn, hei kann och Appel u Spezialiste vu bausse gemaach ginn, och u Professere fir Relioun, och u Professere fir Éducation morale.

Zweetens dann am Fach Perfectionnement kënnen esouwuel Defiziter opgeschafft ginn, wéi och Kompetenzen a Wësse vermëttelt ginn, déi iwwert den normale Programm erausginn. Hei kann zum Beispill och weider Zäit op d'Léiere vu Sproochen applizéiert ginn, dat hu mir betount an dat hu mir gesot kritt, de Sproochenunterricht fënnt nämlech transversal statt an zu deem transversale Léiere geheieren och déi Coursen, déi ënnert dem Fach Perfectionnement stattfannen.

Am Artikel 6 dann ass op Interventioun vum Conseil d'État d'gesetzlech Basis geschaf gi fir d'Dispositiounen, déi an där éischter Versioun an engem Règlement grand-ducal sollte stoen. Dunn hu mir dem klasseschen Awand vum Statsrot noginn, mir hu missen, et ass evident, de Statsrot, dee sech op déi konstitutionell Basis berifft fir ze soen, datt d'Schoul iwwer Gesetzer bestëmmt gëtt an net iwwer Reglementer.

Am Artikel 7 ginn d'Educateurs gradués an de Conseil d'éducation an de Conseil de classe genannt. Dat ass aussergewéinlech a gëllt net fir den traditionelle Lycée.

Am Artikel 10 gëtt d'Roll vum Jury externe bei der Promotioun vun den Elèvë behandelt. Den Elève kann iwwer seng Promotioun mat deem Jury diskutéieren.

Am Artikel 11 huet de Statsrot e puer interessant Remarquen a Virschléi gemaach an déi Virschléi si vun der Kommissioun iwwerholl ginn. Nëmmen als Beispill, de Statsrot weist op d'Schwieregkeet hi fir am Kader vun dësem Schoulsystem an iwwerhaapt am Kader vun der Schoul vum Secondaire technique an de Secondaire classique iwwerzewiesselen oder fir vun enger Cinquième op eng Troisième iwwerwiesselen. Dat ass, wann een d'Erfahrunge kuckt, nëmmen an aussergewéinleche Fäll een Diskussiounspunkt, ech behaapten, datt dat bal Theorie ass, mir loossen eis vum Géigendeel iwwerzeegen, déi Fäll wäerte mir dann notéiert kréien a mir wäerten doriwwer informéiert ginn.

De Statsrot wëllt, datt een Elève och d'Recht kritt, fir eng Klass ze doubléieren, an och dat hu mir an d'Gesetz ageschriwwen.

D'Kommissioun hëlt och zur Kenntnis, datt d'Regierung net geplangt huet, fir nees de Passage-Examen anzeféieren. Am Artikel 13 gëtt eng Referenz op d'Schoulgesetzer vun 1989 an 1990 gemaach, wou d'Funktioune vum Schoulpersonal festgehale ginn. Mir maache keng Referenz op de Gesetzesprojet, deen d'Chamber den 1. Juni 2005 gestëmmt huet, well dat Gesetz eréischt am September 2005 a Kraaft trëtt.

Zum Artikel 15, an deem d'Lëscht vum Kaderpersonal opgestallt gëtt: Besonnesch ervirzesträiche bleift hei, datt déi Roll vun den Éducateurs gradués eng ganz wichteg ass an deem ganze System.

Am Artikel 17 gëtt den Zousaz…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech géif ëm e bëssen Opmierksamkeet bieden!

M. Jos Scheuer *(LSAP), rapporteur.-* …zum Budget fir d'Joer 2004 duergestallt. Et ass diskutéiert ginn iwwert de Präis vum Lycée-pilote an d'Fro ass gestallt ginn, ob deen Neie Lycée net méi deier géif gi wéi deen traditionellen. D'Äntwert war kloer: Et ass evident, datt deen neie System méi e groussen Opwand bedeit wéi deen traditionelle System, mä chiffrabel ass et net, a sécher ass och, datt et net an deem Mooss ze erwaarden ass, wéi ee sech dat kënnt duerch den Engagement vu 14 Educateuren erwaarden.

14 Educateuren no véier Joer, well, graff ausgedréckt, d'Professere ginn an deem dote Lycée méi bëlleg wéi d'Kolleegen aus deenen anere Lycéeën. D'Regierung soll awer, an dat ass de Wonsch vun der Kommissioun, sou séier wéi méiglech Chiffere virleeën, fir de Budget vum Neie Lycée eng Kéier kënnen ënnert d'Lupp ze huelen.

Den Artikel 18 ass och e wichtegen Artikel. Do gëtt sech mat der Auswäertung vum Lycée-pilote als Experienz beschäftegt. D'Kommissioun ënnersträicht, datt de Verglach mat deenen anere Lycéeën, mat de Resultater an deenen anere Lycéeë muss gemaach ginn. Si ënnersträicht, datt d'Experienz selwer och muss kritesch gekuckt ginn. Si ënnersträicht, datt aus där Experienz dat muss erauskristalliséiert ginn, wat eriwwergeholl ka ginn a wat eriwwergeholl gi muss an den traditionelle Schoulsystem. De Lycée-pilote ass also e Laboratoire, deen, och dat ass de Wonsch vun der Kommissioun an eng Zouso vun der Regierung, duerch d'Uni Lëtzebuerg suivéiert a kontrolléiert an och eventuell korrigéiert ka ginn.

Den Artikel 20: Iwwert dësen Artikel gëtt d'Englesch op Septième am Neie Lycée agefouert. D'Sproocheproblematik ass diskutéiert ginn. D'Sprooche ginn net nëmmen a spezifesche Sproochecoursë geléiert, mä och an deenen anere Branchen, virun allem an de Niewefächer. Et gëtt also eng transversal Approche am Sproochenunterrecht geholl. Op Propositioun vum Conseil d'État ginn d'Artikelen, déi viregt Artikelen 21 an 22, fale gelooss.

Här President, ech hunn, wéi ech de schréftleche Rapport gemaach hunn, och d'Avisë vun de Beruffsvertretungen ënnert d'Lupp geholl, a virun allem d'Avisë vun de Syndikater, quitte datt se net zu den Documents parlementaires geheieren. Ech ginn net op déi eenzel Avisën an - vum Statsrot hunn ech jo scho munches gesot -, ech wëll se awer zesummefaassen.

Och déi Avisë sinn esou wéi d'Memberen aus der Schoulkommissioun kritesch, si sinn ofweisend, ofwaardend, pardon, net ofweisend, si sinn deelweis zentréiert op d'Acquis-professionnelen, wou d'Syndikater soen: Dat wat mer erreecht hunn, dat wat mer erkämpft hunn, soll net elo a Fro gestallt ginn duerch eng Experienz. A si schwätze virun allem vun den Déchargen a si schwätze vun de Koeffizienten. Déi Avisën hunn ech mat Pro a Kontra am schréftleche Rapport zesummegefaasst. Ech wollt d'Konklusiounen awer trotzdeem op déi do Aart a Weis och am mëndleche Rapport ervirsträichen.

Den Neie Lycée, Dir Dammen an Dir Hären, ass eng Erausfuerderung fir verschidden Acteuren, fir all Acteuren, déi do involvéiert sinn. Si ginn zu Partneren iwwert dëst Gesetz. Et gëtt do sechs haaptsächlech Acteuren, déi en cause sinn.

Fir d'éischt ass dee Lycée-pilote eng Erausfuerderung fir d'Direktioun. Si muss d'Verwaltung vun enger reeller Ganzdagsschoul opbauen. Et gëtt kee Modell do dofir.

Zweetens, eng Erausfuerderung fir d'Professeren an d'Educateuren. Si sinn doduerch gefuerdert, datt iwwer Gesetz a Reglement d'Aarbecht an enger Equipe régléiert gëtt, e Partenariat mat Elteren an Elèven en place gesat gëtt. Si musse Programmer entwéckelen, si musse Methoden entwéckelen a si mussen eng Presenz vun 30 Stonnen an deem Schoulgebai an deem ganzen Ambiente assuréieren.

Drëttens, eng Erausfuerderung fir d'Elèven, duerch hir Presenz vun aacht Stonnen an der Schoul an duerch eng nei Approche zu Programmer an och zum Léieren.

Véiertens, eng Erausfuerderung fir d'Elteren, déi agebonne ginn an d'Décisiounen, a reell agebonne ginn an d'Décisiounen iwwert d'Promotioun vun hire Kanner.

Fënneftens, an dat ass eis immens wichteg virkomm, eng Erausfuerderung fir déi Equipe, déi evaluéiert, déi aus der Experienz Lycée-pilote déi richteg, dat heescht déi objektiv Konklusiounen zéie muss, an zwar fir de Projet selwer ze verbesseren, awer och virun allem fir dat erauszefilteren, wat sech op den traditionelle System iwwerdroe léisst. Nëmmen dann, a wierklech nëmmen da kritt de Projet Lycée-pilote säi richtege Sënn a säi richtege Wäert, sou wéi ech e probéiert hunn ze definéieren am Ufank vu menger Interventioun.

A sechstens dann, dee leschten Défi, déi lescht Erausfuerderung, déi ergëtt sech natierlech fir d'politesch Décideuren, déi hir Verantwortung iwwerhuele mussen, an déi da kucke mussen, wéi déi positiv Aspekter méiglechst gutt via Gesetz a via Reglement generaliséiert kënne ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, et war mer e Plëséier fir dee Rapport kënnen ze maachen. Ech soen nach eng Kéier Merci un d'Kolleegen aus der Kommissioun fir déi fair Mataarbecht.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Scheuer. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Maroldt. Här Maroldt, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. François Maroldt *(CSV).-* Här President, un éischter Plaz wëll ech eisem President a Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech sinn natierlech och impressionéiert, an do schwätzen ech och am Numm vum Här Sunnen, vun deem Matgefill wat hie fir seng Memberen an der Kommissioun ëmmer erëm beweist.

(Hilarité et interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei senger Regierungserklärung vum 4. August 2004 huet eise Statsminister kloer Zilsetzunge vun der neier Koalitioun a Saache Schoulpolitik definéiert: D'Schoul moderniséiere mat Hëllef vun engem Dialog mat all de Concernéierten, den Enseignanten, de Schüler, den Elteren an de Sozialpartner. Den Erfolleg hänkt vum Erfolleg vun Eenzelnen of. Den Erfolleg soll esou breet gefächert wéi méiglech sinn.

Jiddfer Schüler, dee fréizäiteg de System verléisst, ass en Echec fir eis all an e Verloscht fir d'Gesellschaft. Ob een d'Ziler an dësem Domän erreecht, hänkt vill dovunner of, ob een den offensichtlechen Antagonisme tëschent perséinlechen a gemeinschaftlechen Interessen dépasséiert. An dësem Kader sinn d'Aféierung vun enger Ganzdagsschoul an Ännerungen um Niveau vun der Evaluatioun virgesinn. Well wéi gesot, dat steet am Regierungsprogramm vum leschte Summer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV steet natierlech zu dësen Aussoen, an dofir wëlle mir dem Projet Neie Lycée, dee mer haut an dësem Sall debattéieren, eng Chance ginn, trotz aller Diskussioun a Polemik, déi bei der Presentatioun vun dësem Projet entstane sinn, well mir iwwerzeegt sinn, datt et e Schrëtt an déi richteg Richtung ass.

De Ministère bitt eis un, en transparente Suivi ze maachen. Dat heescht, an zwee Joer kréie mer eng éischt Evaluatioun, a wann dës positiv ausfält, wat mer hoffen, da kënnen dës Erfahrunge benotzt ginn, fir weider Reformen um nationale Plang anzeleeden.

An engem gewësse Sënn ass déi Diskussioun, déi mer haut ëm de Projet vun engem Neie Lycée féieren, eng Fortféierung vum Débat, dee mer am Mäerz am Kontext vun der PISA-Etüd gefouert hunn. Mir waren eis deemools eens, datt Handlungsbedarf besteet an datt eppes geschéie misst. Et goufen deemools och schonns vun alle Säiten eng ganz Rei vu Virschléi gemaach, déi sech deelweis an dësem Projet erëmspigelen.

Lycée-pilote, Ganzdagsschoul oder einfach alles nëmmen Zirkus? Schonns bei der Dénominatioun vun dësem Projet hu sech vill Leit schwéier gedoen. Menger Meenung no wär et falsch, dëse Projet op vereenzelt Aussoen iwwert den Horaire oder iwwert d'Opstelle vun engem Zirkuszelt nieft der Schoul ze reduzéieren.

Et geet hei ëm vill méi wéi d'Verlängerung vun de Schoulstonnen, oder wéi finalement d'Fächer Sport an Expression corporelle ugepaakt ginn. De Lycée-pilote soll virun allem inhaltlech nei Weeër goen. Mir sinn eis eens, datt mer net einfach nëmmen e Copy-paste vun engem Modell wëllen, dee mer a Fro gestallt hunn an dee mer mat Hëllef vun dësem Projet updaten, dat heescht verbessere wëllen.

D'Elteren, déi hir Kanner an den Neie Lycée wäerte schécken, musse sech bewosst sinn, datt si sech an hir Kanner domat fir eng länger Zäit engagéieren. Déi véier Joer, déi hiert Kand an dësem Lycée wäert verbréngen, bilden e Ganzt. Et geet also net, dass een tëschent deenen zwou Lycéesformë willkürlech hin an hierwiesselt. Déi eenzeg Garantie, déi si kréien, ass déi, datt hir Kanner sech nom Ofschloss vun hire Studien am Neie Lycée problemlos an hirer neier Schoul kënnen integréieren.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Initiateurë vun dësem Projet maachen sech et net liicht. Beim Opstelle vun hirem éischte Stonneplang wäert et méi wéi eng Noss ze knacke ginn. Dräi Unitéiten Unterrecht, dertëschent Studiephasen a Relaxatioun mat engem begrenzte Kader; dat wäert net einfach ginn. An dach ergëtt dat Sënn, well doduerch méi en équilibréierte Stonneplang fir d'Schüler kann entstoen. Doduerjer datt d'Enseignantë vill méi disponibel sinn a kengerlee Contrainten ënnerworf sinn, wéi beispillsweis d'Wiessele vun enger Schoul an eng zweet Schoul oder d'Participation au stage pédagogique. Ech ginn nämlech dovunner aus, datt am Ufank den Neie Lycée haaptsächlech mat nominéierten Enseignantë wäert ufänken. Wat net ausschléisst, dass spéider au fur et à mesure wéi d'Schoul wiisst och Stagiairen do kënnen ausgebilt ginn.

Doduerch kënnen déi Matièren, wou d'Schüler am meeschte gefuerdert ginn, op déi beschte Plagë geluecht ginn, wat zu enger wesentlecher Verbesserung vum aktuelle System bäidroe wäert.

De Fait, datt d'Enseignantë méi eng grouss Disponibilitéit hunn, bréngt automatesch mat sech, datt praktesch keng Stonne méi wäerten ausfalen, wat ouni Zweifel en faveur de l'élève wäert sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, e wesentleche Punkt an dësem Projet ass d'Tatsaach, datt een de Grondprinzip vun de sou genanntene Cycles scolaires, déi och am Primaire sollen agefouert ginn, iwwerhëlt. Déi véier Joer am Neie Lycée bilden e Ganzt.

D'Équipe pédagogique décidéiert zesummen iwwert de Rhythmus, mat deem enseignéiert gëtt. Aus Erfahrung weess een, datt a verschiddene Branchen d'Programmer hoffnungslos iwwerluede sinn an anerer duerchweegs ze bewältege sinn, an datt esouguer genuch Fräiraim entstinn. Iwwert d'Jore gesi kënnen doduerch enorm Retarden entstoen oder wäertvoll Zäit onbenotzt bleiwen. Ech gesinn dëst als e sécheren Atout vun dëser Method.

Wann ee vu Programmer schwätzt, denkt een och virun allem u Schoulbicher, an déi änneren hei zu Lëtzebuerg mat grousser Regelméissegkeet. Déi meeschte Schoulbicher, well am Ausland verfaasst, sinn net onbedéngt eise Bedürfnisser ugepasst, an deementspriechend gi se och ugewannt. Mir sollten awer virun allem d'Finalitéit vun eisem Enseignement am A behalen.

Wat wëlle mer erreechen?

D'Kompetenze vun engem Schüler, déi mer entwéckele wëllen, si villsäiteg. Net nëmme Grammaire, d'Erëmbrénge vun Daten a Wëssen, mä och d'Problembewältegung a sech erëmschloen an enger moderner Welt si gefuerdert.

D'Iddi vun engem Travail en équipe erlaabt et och, datt an engem Fach méi wéi een Enseignant kann intervenéieren. Dëst erschéngt mer besonnesch interessant ze sinn an de Sproochen. Och wann de Programm vum Neie Lycée nach keng intensiv Literaturstudië virgesäit, esou ergëtt dat awer besonnesch an dësem Fall e gewësse Sënn. Deen ee kennt sech besser aus an enger Period wéi an där anerer. Ass et net esou, datt eng Damm munchmol eng aner Approche zur Literatur huet, wéi hire männleche Kolleeg? Dëst nëmmen als Beispill, well dëst gëllt och fir aner Sproochen a Branchen.

Mat der konsequenter Aféierung vun der Interdisziplinaritéit läit dës Schoul och ganz am internationalen Trend. Well am Ausland ginn dës Methode systematesch préconiséiert. Methoden, déi och am Kader vun der Formatioun vun eise Stagiairen enseignéiert ginn.

Deen eenzege Problem, deen ech am Moment gesinn, ass de Recrutement vun dem Personal oder d'Zesummesetzung vun de sou genannten Équipes pédagogiques. Et gëtt gesot, datt en Enseignant méi wéi ee Fach soll op enger Klass enseignéieren. Dëst mag wuel fir deen een oder deen aneren zoutreffen, déi méi wéi eng Spezialitéit hunn. Ech denken do un d'Biologiesproffen, déi och ganz oft Geographie enseignéieren. Mä dat ass net ëmmer de Fall.

Ech hunn an der PISA-Debatt gefrot, ob et net Sënn géif maache fir „native speakers" an de lëtzebuergeschen Enseignement ze integréieren. Dat heescht also eng weider Spezialiséierung. Dëst erschéngt mer als just de Contraire. Mir fannen, datt ee besonnesch bei dem Recrutement vun dem Enseignant op dëse Punkt eng besonnesch Suergfalt sollt leeën.

Dat mag eng perséinlech Meenung sinn, mä de Succès oder den Echec vun dësem Projet hänkt vill vun der Qualitéit an de Kompetenze vun hire Leit of. Nieft hirem grousse Wësse musse si och als Equipe zesumme schaffe kënnen. Der Direktioun fält eng besonnesch wichteg Roll zou, well si muss mat diskreter, awer fester Hand déi verschidden Equipë leede kënnen.

De Punkt Activités complémentaires fanne mer ganz interessant, obwuel mer deen zu dësem Zäitpunkt als net definitiv ugesinn an als weider ausbaufäeg betruechten. Här Schreiner, mir si frou, datt den Emplacement, deen de Ministère fir den Neie Lycée fonnt huet, wäit genuch vun Esch a Schëffleng ass, well soss hätt wuel näischt aus der Offer Jardinage kënne ginn. Bekanntlech däerf dat Geméis, wat an eise Gäert produzéiert gëtt, am Moment net konsuméiert ginn.

Zirkus, oder besser gesot Expression corporelle, ass eng flott Saach, kann awer wuel kaum de Programm vun engem ganze Joer fëllen an dierft wuel als eng Offre complémentaire betruecht ginn. Souwisou hunn eis Kanner hautdësdags ganz genee Virstellungen, wat fir Sportsaktivitéite prioritär exercéiert wëlle ginn.

De ganzen Dag zesumme liewen a studéieren, dat heescht, datt och d'Moolzechten zesummen ageholl ginn. Am éischte Joer, bei enger begrenzter Zuel vu Schüler, dierft dat net zu allze grousse Problemer féieren. Mä au fur et à mesure, wou de Lycée wäert wuessen, wäerten sech eng Partie organisatoresch Problemer astellen, wou ee Service beileiwen net méi wäert duergoen.

Déi meescht Lycéeën hei am Land léisen dëse Problem, andeem se een An zoudrécken an hir Schüler an d'Peripherie auswäiche loossen. D'Imbissstuben, d'Kebab- an d'Pizzasleit reiwe sech d'Hänn. Mä ass dat d'Léisung? Op verschiddene Plazen hei am Land gouf versicht, d'Schüler an der Philosophie vun enger Nutrition et vie saines ze begleeden. Dëst däerft also net scheiteren.

Oft gëtt gesot, den Transport décidéiert iwwert den Horaire an de Schoulen. Am Moment trëfft dëst, wat eng gesond Ernährung an eise Schoule betrëfft, leider och op de Service Restauration scolaire zou. Mir hu vill Versteesdemech fir hir budgetär Contrainten, déi leider ze oft als Excuse ugefouert ginn, fir de Manktum u Flexibilitéit a gudde Wëllen ze iwwerdecken.

Et kann dach net sinn, datt eng Diététicienne de Schüler erkläert, wat se iesse kënnen a sollen, an datt d'Kichen dann net déi néideg Moyenen huet, fir dës Wueren anzekafen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, muncheree mengt, ouni seng 01 oder 60, déi dach kaum ee kritt - «la perfection n'est pas de ce monde-ci» -, kënnt een net liewen. D'Englänner fuere mat Buschtawen A+, B+ oder B++. Am Ufank brauch een Zäit fir sech drun ze gewinnen, mä et fonctionnéiert. Ech ka mat deenen zwee liewen, mä wat ech virun allem begréissen, ass déi méi detailléiert Bewäertung vum Schüler, déi sech net op eng «réussite douteuse» oder «doit faire des efforts en…», «remarque 1 oder 2» limitéiert.

Déi kontinuéierlech Evaluatioun vum Schüler erlaabt et der Équipe pédagogique, en detailléierte Profil vum Schüler opzestellen an esou en objektiven a fiablen «Avis d'orientation» um Enn vum Zyklus ze offréieren. Amplaz datt ee gesot kritt, «l'élève peut choisir toutes les sections», kritt ee genau gesot, wat fir hien dat Bescht ass. Ob een dat elo unhëlt oder net, dat ass eng aner Saach.

Den «Avis d'orientation» no der Quatrième gëtt finalement vun neutralen Expertë jugéiert. Trotz allem Respekt fir d'Direktioun vun der neier Schoul, fannen ech perséinlech, datt och en Délégué vun der leschter Équipe pédagogique dobäi soll sinn. Well menger Erkenntnis no, an domat wëll ech kengem ze no trieden, ass et bis elo nëmmen dem Direkter vum Athenäum gelongen, all seng Schüler perséinlech, an dat sinn der eng Partie, mam Numm ze nennen.

De Fait, datt den neie Lycée seng Dieren opmécht an extern Experten ufreet fir seng Schüler um Enn vum Zyklus ze evaluéieren, fannen ech luewenswäert. Duerch déi gewonnen Transparenz an den Dialog, deen doduerjer entsteet, kënne Malentenduen a Beréierungsängscht ofgebaut ginn. Well och an anere Lycéeë gëtt gutt an innovativ Aarbecht geleescht. Et gëtt vill genial Projeten, vun deene leider an der Press net ëmmer geschwat gëtt. Dës Leit, déi dës Projete lancéiert hunn, fille sech berechtegterweis virun de Kapp gestouss.

Loosse mer also dës Kéier aus der Vergaangenheet léieren an déiselwecht Feeler vermeiden. Loosse mer also e kontinuéierlechen Dialog mat deenen anere Schoule sichen, versichen, si mat an d'Recherche, an d'Aarbecht anzebannen, net géint si, mä zesummen. Doduerch kënnen och wäertvoll Leit an anere Lycéeën, déi ähnlech Weeër wëlle goen, sech bestätegt fillen an déi néideg Ënnerstëtzung, déi se fir hir Aarbecht brauchen, fannen.

Lëtzebuerg ka gutt méi wéi ee Modell offréieren, a mir sollte vun engem eegleisege System ewechkommen, well och an de Privatschoule gëtt gutt Aarbecht geleescht. Da brauchen eng ganz Rei Schüler net onbedéngt op Bastnech oder op Metz ze fueren.

Dann zu gudder Lescht ass et wichteg, datt d'Schüler beim Passage vun hirer Schoul an eng aner Schoul no der Quatrième net onnëtz op Viruerteeler a Widderstand stoussen. Sot net neen, well c'est du déjà-vu, ech wëll bewosst keng Nimm nennen.

Dir Dammen an Dir Hären, meng positiv Astellung zu dësem Projet kritt awer e klengen, mä oniwwerhéierbare Bémol. Viru kuerzem huet meng Fraktiounskolleegin, d'Nelly Stein, de Projet Jenker zu Déifferdeng virgestallt. Et gëtt haut nach vill Schoulen, déi hei am Land ongedëlleg op eng Réadaptation oder eng Mise en conformité vun hiren Infrastukture waarden. Besonnesch well hinnen eréischt doduerch erméiglecht gëtt, ënner zäitgeméissen a würdege Konditiounen ze schaffen. De Minister Wiseler hat eis an der Debatt iwwert d'Annexe Jenker verséchert, datt d'Regierung dëse Problem wëllt ugoen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Also och wann an dësem Moment alles den Uschäin huet, datt dëse Projet eng gewësse Prioritéit genéisst, esou däerfe mer, trotz aller Begeeschterung, dobäi déi aner Schoulen an hir Problemer net vergiessen, soss kënnen onnéideg Ressentimenter entstoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer zum Schluss vu menger Interventioun nach kuerz drop anzegoen, wat mech besonnesch motivéiert huet, an dës Diskussioun anzegräifen. Ech sinn als virsiichtege Mënsch bekannt, an am Ufank bei der Presentatioun vum Projet stoung ech dësem éischter skeptesch géigeniwwer. Mä jee méi ech mech mat dem Projet ausenaner gesat hunn, hunn ech d'Begeeschterung, den Enthusiasmus an déi héich Motivatioun vun de Leit, déi dohannert stinn, gespuert. An all déi Joren, wou ech an der Schoul war, hunn ech esou Leit ënnerstëtzt, och wann ech heiansdo insgeheim meng Douten hat. Si setzen awer schlussendlech Energië fräi, déi eise Schoulsystem onbedéngt brauch. Aus dësem Grond wëll ech zu deene gehéieren, déi soen, komm mir ginn hinnen eng Chance, et ass et wäert.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Maroldt. Als nächste Riedner ass déi honorabel Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei war, ass a bleift d'Educatioun déi éischt Prioritéit. Fir d'Demokratesch Partei muss d'Schoul sech permanent weiderentwéckelen, fir d'Kanner an déi Jugendlech op d'Erausfuerderunge vu muer ze preparéieren. Dëst gëtt ëmsou méi wichteg, well mer an engem Europa liewen, dat resolut op d'Wëssensgesellschaft setzt. D'Kompetitivitéit ass ee vun de Schlësselen zum Erfolleg. Fir dat Zil ze erreechen, dofir däerfe mer ons awer net mat Mëttelmooss zefridde ginn. D'Médiocritéit ass net nëmmen eng Brems fir d'Entwécklung vun onser Gesellschaft, mä d'Médiocritéit bréngt ons och dozou, dass mer zréckginn.

Dat kënne mir ons einfach net leeschten! Éischtens, wéinst ons selwer. Zweetens, wéinst där nächster Generatioun, a virun allem wéinst där Generatioun, déi virun ons do war, wou d'Leit d'Äerm eropgestrëppt hunn an ënnert schwieregste Konditiounen d'Land zu deem gemaach hunn, wat et haut ass. „Mir sinn ze vill bequem ginn", huet de Wirtschaftsminister a senger Ried bei der Ouverture vun der Foire gesot. Mir hätten d'Flemm, huet de Premierminister sech geiergert. Or dat däerf net sinn, well soss hu mer an deem Europa vu muer keng Chance!

Fir deem entgéintzewierken, eben dass mer ze vill bequem sinn, musse mer et dach fäerdeg bréngen, dass mer agesinn, dass mer nëmmen eppes kënnen erreechen, wa mer ons druginn a wa mer den Effort als eppes Positives ugesinn, wann den Effort als eppes Positives duergestallt gëtt. D'Schoul muss net nëmmen hir Kontributioun dozou bäibréngen, mä d'Schoul muss de Grondstee fir eng positiv Attitüd vis-à-vis vum Effort a vis-à-vis vum Schaffe leeën.

Dobäi däerf d'Schoul awer net vergiessen, sech dem Wandel vun der Gesellschaft a vun der Famillestruktur unzepassen, ouni awer hir Haaptmissioun ze vernoléissegen, nämlech d'Wëssensvermëttlung virunzedreiwen an den Zougang zum Wëssen ze favoriséieren. Ganz oft gëtt iwwert d'Schoul geschwat, iwwer all dat wat ronderëm ass, mä net iwwert déi Haaptmissioun. Or doriwwer muss ee sech Gedanke maachen. D'DP ass der Meenung, dass d'Offer nieft der Schoul a ronderëm d'Schoul muss ausgebaut ginn, fir esou de Besoinë vun de Kanner a vun der Famill entgéintzekommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schloen dofir konkret vir, dass fir den Ufank an all Regioun ee Lycée oder Lycée technique geschaf gëtt, wou nieft der Schoul eng ganz Partie vun Opfangstrukture wéi Accueil moies an Hausaufgabe mëttes ugebuede ginn. Dat besteet och schonn zum Deel, zum Beispill am Lycée Josy Barthel zu Mamer, wou moies en Accueil ass, an d'Schoul dauert bis 20 op zwou. D'Kanner kënnen awer bis véirel op véier all Dag bleiwen a si kréien do Hausaufgabenhëllef, Cours d'appui oder Fräizäitaktivitéiten ugebueden. Dëse Modell gëtt et och an anere Schoulen.

Wat ech gären hätt, dat wier, dass d'Schoulen d'Moyene kréichen, dës Offer qualitativ a quantitativ auszebauen. Dës Regierung awer mëssbraucht a mengen Aen d'Besoinë vun der Ganzdagsschoul, fir eng nei pedagogesch Approche ze wielen, eng pedagogesch Approche, déi a mengen Aen ideologesch ass. A mat där Virgehensweis kann ech net d'accord sinn!

Wann een hei de Modell vun deem Neie Lycée kuckt, da kënnt een, wann een e Raccourci hëlt, vu verstaatlechter Waldorfschoul schwätzen. D'DP kann net mat deem Konzept vum Neie Lycée d'accord sinn, aus dräi Ursaachen: éischtens, wéinst der Prozedur, zweetens, wéinst der Vermëschung vun alternativer Pedagogik mat Ganzdagsbetreiung, an drëttens, an dat ass wuel dee wichtegste Punkt, wéinst der pedagogescher Approche.

Éischtens, d'Prozedur. D'Iddi vun der Ganzdagsschoul steet am Regierungsprogramm. De Projet ass dunn op den Instanzewee komm ouni wellech Consultatioun mat iergendengem vun de Concernéierten. Et si fënnef Leit fräigestallt ginn, déi sinn, ganz oder deelweis, vun hirer Tâche d'enseignement fräigestallt ginn, fir un dësem Projet ze schaffen. Et sinn enorm finanziell Moyenen an iwwerhaapt Moyenen zur Verfügung gestallt ginn, fir d'Iddi vum Neie Lycée ze propagéieren. Esou sinn eng ganz Partie Ausstellungen, Konferenzen organiséiert ginn. Et ass en Zirkuszelt um Glacis opgeriicht ginn, an de Rez-de-chaussée vum Ministère ass ëmgebaut ginn, just en Deel vum Rez-de-chaussée, just fir Reklamm ze maache fir deen Neie Lycée.

Ech wier frou gewiescht, wann ech en Deel vun deene Moyenë gehat hätt, fir d'Gebai e bëssen an d'Rei ze setzen. Dofir sinn ech alt frou, dass d'Madame Delvaux dann déi Moyenen zur Verfügung gestallt krut, fir esou déi Entrée vum Gebai kënnen ze sanéieren. Aner Schoule kënnen awer nëmme vun esou Moyenen dreemen.

Wat d'Infrastrukturen ubelaangt, an den Här Maroldt huet et a sengem Rapport elo grad ugeschwat, do muss ee sech awer wierklech Froe stellen. Am Ufank sollt den Neie Lycée jo op de Kierchbierg kommen, an d'Primärschoulgebai wat der Stad Lëtzebuerg gehéiert, an dunn hu mer héieren, dass en neit Gebai soll opgeriicht ginn um Site vum Paul Wurth, an dat geschitt elo bannent dräi Méint. Do koumen dann och nach Infrastrukturen dobäi, nieft de Klassesäll, wéi Sportsinfrastrukturen, Theater an eng Zirkusarena.

Firwat gëtt dëse Lycée - an dat ass meng Fro - privilegéiert par rapport zu anere Lycéeën? Mir hunn hei eng Debatt gehat iwwert d'Infrastrukturen a mir hu méi wéi eng Kéier festgestallt, dass mer aacht Joer brauche fir en neie Lycée ze bauen. Hei brénge mer et fäerdeg an dräi Méint eng Infrastruktur zur Verfügung ze stellen. Mir kréien ëmmer gesot ons Prozedure géifen et eis net erlaben, esou séier ze fueren. Hei brénge mer et fäerdeg aner Prozeduren unzewenden, nämlech déi, dass en Drëtten d'Schoulgebai opriicht an dass de Stat da Locataire gëtt vun deem Schoulgebai.

Wann dat hei méiglech ass, firwat ass dat net op anere Plaze méiglech?

Wann ech bedenken, de Lycée technique du Centre, do sollt eng Annexe gebaut ginn zu Dummeldeng; e Projet de loi, dee mer viru Joren hei gestëmmt hunn; do hunn d'Aarbechten elo just eréischt ugefaangen.

De Lycée pour professions de santé, déi woren ni an eegene Gebaier ënnerbruecht, déi woren ëmmer nëmmen a Provisorien oder a gelounte Gebaier ënnerbruecht. Do ass den Architekt designéiert gi viru Joren, et ass e Concours d'architectes gemaach ginn. Den Terrain gehéiert dem Stat, de Programm ass fäerdeg, de Projet de loi ass mol nach net déposéiert.

Zu Ettelbréck komme mer net virun, well de Stat keen Terrain huet, fir dem Lycée technique adequat Infrastrukturen ze bauen.

A wann ech dann den Zoustand vum Jenker kucken, wou mer Gott sei Dank d'lescht Woch konnten e Projet hei stëmmen, nämlech de Lycée technique zu Déifferdeng, als Annexe vu Péiteng, da muss ee sech am Fong schummen, dass mer Infrastrukturen hunn, déi nach an esou engem schlechten Zoustand sinn.

Hei brénge mer et fäerdeg an dräi Méint eng fuschnei Infrastruktur opzeriichten, an dofir géing ech wëllen, dass de Stat sech dann d'Moyenë gëtt, fir bei anere Lycéeën och esou Prozedure virzegesinn.

Wat d'Prozedur vum Text ubelaangt, esou ass den éischten Text am Januar 2005 déposéiert ginn an am Abrëll krute mer e ganz neien Text virgeluecht, wou de Règlement grand-ducal am Text mat incorporéiert wor. D'Conférence nationale des élèves seet an hirem excellenten Avis och, si géinge fannen, dass dat eng certaine Hâte gewiescht wier a si proposéieren, dee Projet ëm e Joer auszesetzen. An ech mengen, dat wier och net schlecht gewiescht. Dat zur Prozedur.

Zweete Punkt, dee mer kritiséieren, ass, dass et hei eng Vermëschung gëtt vun Offer vu Ganzdagsschoul an alternativer Pedagogie. Elteren, déi wëllen hir Kanner an eng Betreiungsstruktur ginn, déi dee ganzen Dag fonctionnéiert, ginn heihinner, obwuel se vläicht hei eng Pedagogie gebuede kréien, mat där se net d'accord sinn, well se, deemno wou et ass, iwwerhaapt kee Choix hunn. An dofir wier et besser gewiescht, mir wieren higaangen a mir hätte flächendeckend an all Regioun vum Land eng Struktur opgeriicht, wou mer eng Ganzdagsbetreiung an der Schoul gehat hätten, an dass d'Elteren eng Alternativ gehat hätten.

Ech froe mech och, wéi een duerno d'Evaluatioun vun dësem Projet mécht, well et ganz schwiereg ass, déi zwee Punkten auserneen ze

halen, wat d'Influenz ass vun der Ganzdagspresenz a wat d'Influenz ass vun der neier pedagogescher Approche. Esou dass ech mech wierklech froen, wëssenschaftlech, wéi een déi Evaluatioun maache kann.

Wéi gutt d'Ganzdagsbetreiunge fonctionnéieren, gesäit ee jo awer bei verschiddene Gemengen. A wann ech d'Stad Lëtzebuerg beispillsweis kucken, do sinn an de Foyers scolaires 47% vun de Schüler vum Territoire vun der Stad Lëtzebuerg, déi dovu Gebrauch maachen. Dat ass enorm. An ech hunn zum Beispill elo an der Press gelies, dass d'Steeseler Gemeng och eng Ganzdagsbetreiung mat engem Accueil opriicht, fir de Préscolaire an de Précoce. Dat si menger Meenung no Weeër, an d'Gemeng Steesel mécht do der Stad Lëtzebuerg et no. An dat si Weeër, an déi Richtung soll een effektiv goen, an net Ganzdagsbetreiung mat der Pedagogie vermëschen.

Dann den drëtte Punkt, dat ass d'pedagogescht Konzept. Ech muss Iech soen, dass ech wierklech net kann domat d'accord sinn a Schwieregkeeten hunn ze verstoen, wéi eng Schoul soll fonctionnéieren, déi keng Programmer huet, déi keng Schoulbicher huet, wou et keng spezialiséiert Enseignantë gëtt, déi keng fest Stonnenzuel pro Fach huet, déi ouni Prüfungen auskënnt, wou et keng Punkte ginn, wou een u sech net kann duerchfalen a wou et och keng Hausaufgabe ginn.

Dat kléngt alles ganz gutt, wann een dat esou annoncéiert. Mä ech muss Iech soen, ech froe mech, wéi dat besonnesch fir méi schwaach Schüler soll fonctionnéieren, déi dach strukturéiert musse guidéiert ginn. Besonnesch jonk Schüler, déi nach net déi Maturitéit hunn, do froen ech mech wierklech wéi déi an esou engem System sech zurechtfannen, à moins dass se extra douéiert sinn.

Ech fäerte ganz, dass d'Schüler an hir Elteren hei den Iwwerbléck an den Duerchbléck verléieren.

Éischtens, hunn ech gesot, eng Schoul ouni Programmer. Hei gëtt jo vun den Auteurë vum Projet gesot, dass d'Schüler géingen d'Programmer selwer erstellen, no hirem Centre d'intérêt. Zum Schluss da muss ee verschidden Ziler erreechen, an déi Ziler, déi ginn erreecht, andeem d'Kompetenzen definéiert ginn; an déi Kompetenzen, déi ginn erëm a Facetten ënnerdeelt, dat sinn zéng Facetten; an déi Facetten, déi ginn erëm duerch eng Rei vun Aptitudë beschriwwen.

Ech muss Iech soen, ech verstinn dat net. Et kann ee soen, wann ech dat net verstinn, dat wier net schlëmm, well ech net muss domat eens ginn. Mä ech froe mech, wéi dann d'Eltere sollen domat eens ginn a wéi d'Schüler sollen domat eens ginn, an och eng Rei vun Enseignanten. Dat ass eppes, wou ech mech wierklech froen, ob d'Leit domat net iwwerfuerdert sinn.

Wat ech besonnesch bedaueren: Hei gëtt vu Kompetenzen a vu Facetten a vun Aptitudë geschwat, mä et gëtt net vu Wësse geschwat. Menger Meenung no ass d'Wëssen awer eppes, wat nieft der Kompetenz onbedéngt muss am Vierdergrond stoen. Well Kompetenz eleng kritt een net, wann d'Wëssen net à la base ass. A wat mécht ee mat Kompetenz, wann een zum Beispill d'sozial Kompetenz huet an et geet ee sech fir en Job virstellen, da mécht ee vläicht gutt Impressioun, mä duerno, iwwert d'Proufzäit kënnt een net eraus, wann een dat néidegt Wëssen à la base net huet.

Dann zweetens: Gëtt et eng Schoul ouni Schoulbicher? Den Auteurë vum Projet no steet do, et wiere keng Manuels scolaires obligatoires virgesinn an d'Schüler géinge sech hir Bicher selwer zesummestellen. Si hätte Referenzwierker an Noschlowierker an hirem Klasseraum a géingen esou schaffen. Or, do froen ech mech och, wéi ee sech da kann orientéieren, wann dat terribel variéiert vu Klass zu Klass, wéi een domat zurechtkënnt.

Drëttens, d'Enseignantë ginn als Équipe pédagogique zesummegeschloss, an déi Fächer, déi se enseignéieren, mussen net onbedéngt där Grondausbildung entspriechen, déi se au départ hunn. Den Enseignant gëtt, an dat ass ons an der Kommissioun gesot ginn, och net méi ugesinn als een, dee Wësse vermëttelt, mä als een, deen d'Missioun huet, d'Kanner ze guidéieren, fir dass d'Kanner selwer sollen Äntwerte fannen op déi Froen, déi se sech solle stellen. Ech fannen dat an der Theorie ganz schéin. Mä éier ee Froe stellt, muss ee fir d'éischt e Grondwëssen hunn, an et ass fir déi ganz douéiert, wou dat do ka klappen. Mä ech fäerte ganz, dass aner Kanner an deem dote System iwwerfuerdert sinn.

Dann de véierte Punkt. Et gëtt hei diversifizéiert Stonnepläng. Wann een de Stonneplang vergläicht, deen hei proposéiert gëtt, mat de Stonnepläng an deenen anere Lycéeën, sou ass d'Gesamtzuel vun Unterrichtsstonnen 30 Stonnen, wéi an deenen anere Lycéeën och.

Mä ech muss Iech soen, ech wor erféiert wéi ech gesinn hunn, dass et am Sproochenunterricht eng enorm Differenz gëtt. Op Septième am Moment am Lycée gëtt et sechs Stonne Franséisch a véier Stonnen Däitsch. Am Neie Lycée stinn op Septième nëmmen insgesamt aacht Stonnen zur Verfügung, an do kënnt d'Englesch nach derbäi. Ech weess net, wéi een da soll d'Sprooche vermëttelen an do an d'Déift goen.

Op Sixième stinn am Moment 16 Stonnen zur Verfügung fir Englesch, Däitsch a Franséisch. Am Neie Lycée sinn et nëmmen aacht Stonnen. Dat heescht, do ass et nëmmen d'Halschent vun deem wat mer am Moment am Sproochenunterricht hunn. An op der Cinquième sinn et bis elo 15? Stonnen; am Neie Lycée nëmmen aacht.

D'Sprooche sinn esou wichteg fir ons a si sinn en Atout, fir deen ons anerer beneiden. Dann däerfe mir dach do net zréckgoen. Mir hunn zwar d'Explikatiounen elo grad vum Här Maroldt héieren, wéi och virdru vum Här Rapporteur, dass och an deenen anere Fächer an de Sprooche geschafft gëtt, dass transversal geschafft gëtt. Mä dat besteet och schonn am Moment. Et gëtt eng Langue véhiculaire fir déi sou genannt Niewefächer, an dofir muss een drop pochen, dass déi och do gebraucht gëtt. Mä domat kann een awer net wettmaachen, wat hei u Stonne verluer geet fir de Sproochenunterricht.

D'Sprooch ass - wou mer an engem Europa liewen, wou d'Kommissioun wëllt d'Langue maternelle plus zwee propagéieren - eppes wat mir hunn. Da musse mer dach probéieren doran nach méi Effort-en ze maachen an net manner, esou dass menger Meenung no dat do an déi falsch Richtung geet. Et ass wuel esou, dass et véier Stonne Perfectionnementscoursë ginn, a wann ee schwaach ass an engem Fach, da kann een dat perfectionnéieren. Mä d'Halschent vun de Wochestonnen, déi een hei an dësem Lycée huet an de Sprooche par rapport zum normale Lycée, kann een och net mat deene véier Stonnen do opfänken.

Fënneftens, et gëtt eng Schoul ouni Prüfungen. An engem vun deene villen Dokumenter, déi mer kruten - an ech muss soen, mir krute vill Informatiounsmaterial -, do hunn ech gelies dass am Fong d'Korrektioun vun Devoiren an och Notë ginn, dat wier eng Obsession permanente vum Enseignant. Ech hoffen awer, dass dat net de Fall ass an dass dat net och d'Ursaach ass, firwat datt hei elo d'Noten ofgeschaf ginn an d'Prüfungen.

Et ass jo esou, dass an dësem Lycée de Schüler e Portfolio kritt wou all dat, wat en erschafft huet a senger Schoulzäit, zesummegedroe gëtt an dann iwwert dem Schüler seng Aarbecht, seng Attitudë renseignéiert. Wéi d'Enseignanten awer d'Kompetenzen da bescheinegen, dat ass dem Enseignant selwer iwwerlooss. Dee kann dat duerch Prüfunge maachen. E kann dat duerch Tester maachen. E kann dat och opgrond vu Produktioun vun Aarbechte maachen. Et ass also net wéi bis elo, dass eng gewëssen Zuel vu Prüfunge virgeschriwwen ass. D'Prüfunge sinn iwwregens och an engem vun deenen Texter, déi mer kruten, als Contrainte ugesi ginn.

Dann ass et esou, dass et och zu kenger Emulatioun tëschent de Schüler kënnt, wann ee keng Prüfungen an der Klass mécht. An d'Emulatioun ass awer a mengen Aen enorm wichteg fir déi eng unzespornen, nach en zousätzlechen Effort ze maachen.

Ech mengen also net, dass et de richtege Wee ass, Kompetenzen ze bescheinegen, ouni dass een awer à la base Prüfungen huet, déi fir jiddferee mussen d'selwecht sinn.

Da sechste Punkt. Et gëtt eng Schoul ouni Punkten. Op der Zensur stinn da Commentairen an och Appréciatiounen. Dat ass e System, deen et an anere Länner gëtt. Mä den Här Maroldt, deen huet zum Beispill vun England geschwat, do gëtt et verschidde Levelen. An der Schwäiz a verschiddene Kantonen hu se dee System vun der Beschreiwung erëm ofgeschafen a si sinn erëm op de Punktesystem zréckkomm, well se gemierkt hunn, dass et awer net an déi richteg Richtung gaangen ass. Ech froe mech, musse mer elo dohinner goen, wou déi aner schonn dovun erëm sinn?

Wat d'Evaluatioun ubelaangt, do seet d'Conférence nationale des élèves, dass dat «pas nécessairement bénéfique aux élèves» ass. Also d'Schülerkonferenz selwer seet, dat ass net onbedéngt am Intérêt vun de Schüler. Da froen ech mech wierklech, firwat déi hei Approche gewielt ginn ass.

Da seet d'Schülerkonferenz nach weider, den Neie Lycée, an ech zitéiere se an hirem Avis: «n'est pas une île qui peut se permettre de négliger ce qui se passe dans les autres lycées». Recht hu se, well duerno musse si jo erëm mat deem herkömmleche System eens ginn.

Siwente Punkt. Dëse Lycée ass e Lycée, wou een am Fong net kann duerchfalen. Et ass jo esou, dass um Schluss vum Joer de Conseil de classe da Propositioune mécht, wat mam Schüler soll geschéien. E kritt recommandéiert an eng aner Klass ze goen, déi a sengem Ordre d'enseignement ass, oder e kritt gesot, e soll réorientéiert ginn, oder e kritt recommandéiert, d'Klass ze widderhuelen. Wann d'Elteren awer net domat d'accord sinn, da kënnen se eng aner Décisioun huelen.

An do, mengen ech, gi mer wierklech e Schratt ze wäit. Quitte dass dann, wann d'Elteren eng aner Décisioun geholl hunn an dass dann am nächste Joer et och net geet, nom éischten Trimester d'Kanner da réorientéiert ginn. Mä dat ass dach vill méi schlëmm. Dann hu se an enger neier Klass ugefaangen an op eemol, nom éischten Trimester, gëtt gesot: Neen, elo gees du an d'Klass niewendrun, well hei gëtt et näischt. Oder: Du gëss eng Klass zréckversat.

Dat fannen ech psychologesch vill méi schlecht an dofir sinn ech der Meenung, dass dat wierklech kee gudde System ass an dass een do den Elteren d'Méiglechkeet gëtt, déi Décisioun, déi geholl ginn ass, opgrond vun de Resultater vun de Kanner, wou et zwar keng Punkte ginn, an dofir ass et eben esou schwiereg dat och ze appréciéieren, mä dass d'Elteren hir Kanner aus gutt verstanenen, gutt gemengte Grënn op eng aner Voie bréngen. Mä meeschtens ass dat net am Intérêt vun de Kanner, well ganz oft gi se domat iwwerfuerdert oder an eng Sakgaass geféiert, aus där se net erauskommen.

Och do seet d'Conférence nationale des élèves, dass dat net onbedéngt am Intérêt vun de Schüler ass, an d'Schüler selwer fannen, dass d'Elteren do net däerften ze vill Matsproochrecht hunn.

Um Schluss da vun deenen dräi Joer, respektiv véier, gëtt gekuckt, wou d'Kanner sollen higoen, an dat maache jo dann net méi d'Proffen aus der Klass, déi se betreit hunn, mä dat ginn der dann aus anere Schoulgebaier, déi opgrond vun enger ganzer Rei vu Kritären dat do da solle kucken. Déi Schüler, déi am Classique sinn, kënne jo och dann nach d'Quatrième iwwersprangen.

Ech froe mech, firwat dat net méiglech si soll an anere Schoulgebaier a firwat dat esou hei betount gëtt, well d'Iwwersprange vun enger Klass ass ëmmer méiglech, well en Direkter kann eng Admission conditionnelle an eng Klass ginn. Mä hei gëtt dat esou betount, wéi wann dat hei e Lycée wier, wou ee soll higoen, well hei kéint een e Joer gewannen. Mä an deenen anere Lycéeën ass et och am Fong méiglech. Dofir froen ech mech, firwat dat hei esou betount gëtt.

An dann een aachte Punkt, eng Schoul ouni Hausaufgaben. Well d'Kanner jo méi Stonnen an der Schoul sinn, ginn d'Hausaufgaben an där Zäit, déi se an der Schoul verbréngen, mat am Horaire integréiert. Wéi een et awer domat fäerdeg bréngt, de Lien mat doheem duerzestellen, froen ech mech wierklech. Wéi soll dat goen? Well d'Kanner mussen dach d'Méiglechkeet hunn, och doheem awer eppes fir d'Schoul ze maachen. D'Méiglechkeet hu se ëmmer, also fräiwëlleg däerf een alles maachen. Mä där gëtt et der awer net ganz vill, déi dat maachen.

Wéi een d'Elteren da ka matabannen, wéi déi solle suivéieren, Intérêt weisen un deem, wat an der Schoul ass, wann d'Kanner heemkommen an d'Aarbecht ass scho ganz gemaach. Dat ass besonnesch schwiereg bei Kanner, déi aus engem defavoriséierten, kulturelle Milieu kommen, déi d'Chance net hunn an engem Milieu opzewuessen, wou d'Schoul eng ganz grouss Roll spillt. An dofir sinn ech och der Meenung, dass déi Approche hei net gutt ass.

Dat sinn also aacht Punkten, mat deene mer an der Approche pédagogique net kënnen d'accord sinn. An et ass och meng intim Convictioun, Här President, dass dat net esou ka fonctionnéieren an dass et besonnesch fir déi schwaach Schüler net ka fonctionnéieren, déi e strukturéierten Unterricht mussen hunn, wou se ganz kloer guidéiert ginn, wou se ee Wee nom aneren, ee Schrëtt nom anere gewise kréien, wou een da kann drop bauen. A mengen Ae ginn hei d'Schüler wierklech - a besonnesch déi schwaach Schüler - iwwerfuerdert.

An dann, wa se dräi Joer an deem System waren, wéi brénge si et da fäerdeg an engem anere Lycée Fouss ze faassen? An ech muss Iech soen, do maachen ech mir echt Suerge wat mat deene Kanner duerno geschitt. Well ech froe mech - an d'Schülerkonferenz seet et selwer, et géing sech hei ëm Cobayen handelen -, ob mir hei net Versuchskanéngercher hunn, an dass déi, déi net esou staark sinn, Schong an Huesen duerno verléieren.

Här President, déi aacht Punkten hunn ech vun der Approche pédagogique hier opgegraff. Positiv fannen ech, dass probéiert gëtt an der Éducation aux valeurs aner Weeër ze goen. Ech war ëmmer der Meenung, dass mir keng Schoul kënnten hunn, déi kee Werteunterricht géing vermëttelen. Mir kënnen net Kanner ënner onser Responsabilitéit hei zu Lëtzebuerg hunn, déi kee Werteunterricht kréien.

An dofir ass och d'Dispens, nodeem se an der Primärschoul virdru schonn ofgeschafe ginn ass, duerno am Secondaire ofgeschafe ginn, well weder an eng Éducation morale ze goen oder an de Reliounsunterricht, huet mir net de richtege Wee geschéngt, well mir musse méi wéi jee de Kanner Wäerter mat op de Wee ginn. Dass probéiert gëtt dat hei an engem Unterricht ze maachen, ass ze begréissen.

Ech wëll awer drun erënneren, dass een hei net ganz Neiland betrëtt, mä dass op der Deuxième am Classique de Reliounsunterricht virun e puer Joer ofgeschafe ginn ass. Dat ass net ville Leit opgefall, mä dee Reliounsunterricht ass ersat ginn an der Philosophie duerch en obligatoresche Cours vun Histoire des religions. Well et och wichteg ass, dass d'Schüler matkréie wellech Reliounen et ginn an dat gehéiert zu der Culture générale an och déi Facette soll jo elo vu Septième un an dëse Cours mat integréiert ginn.

D'Fro stellen ech mer allerdéngs, wéi et mat der Formatioun vun dëse Leit ass, well mir hu jo dach guer keng Leit, déi fir dat neit Fach ausgebilt sinn. D'Leit vun der Formation morale et sociale hunn an deene leschte Joren enorm Efforte gemaach, fir eng Formatioun fir Philosophiesprofesseren ze kréien a mir hunn dat jo och an engem Gesetz elo festgehale wat mir viru 14 Deeg hei gestëmmt hunn, dass dat och eng Spezialitéit soll ginn, mä menger Meenung no muss een hei wierklech drop pochen, dass déi Leit beschtens preparéiert sinn an ausgebilt sinn, well dee Cours ass esou wichteg an et muss dach wierklech am Intérêt vun de Kanner eppes Positives dobäi erauskommen.

Net positiv ass awer an dësem Projet, dass d'Kanner, doduerch dass se de ganzen Dag an der Schoul sinn, net kënnen un de Fräizäitaktivitéiten an hirem Quartier, an hirer Gemeng deelhuelen. Si hu keng Zäit, well déi Aktivitéite sinn nun eben un deene schoulfräien Nomëtteger, un de Scoutsaktivitéiten, un de Pompjeeën, um Gesang, un der Musek deelzehuelen, wat bedauerlech ass, well déi non formal Educatioun, déi se do kréien, ass och enorm wichteg.

Et ass och schwiereg fir d'Schüler vun dëser Schoul, wann net onméiglech, un de LASEL-Aktivitéiten deelzehuelen, well an der LASEL jo an deene schoulfräien Nomëtteger Sportsaktivitéiten ugebuede ginn an eng Schoul géint déi aner untrëtt, wat och dann d'Zesummebrénge vu Schüler vu verschiddene Lycéeë vill méi grouss mécht. Dës Schüler kënnen dann net matmaachen, well dat an hire Schoulprogramm fält, esou dass ech mer wierklech d'Fro stellen, ob ee se net domat ausgrenzt par rapport zu hire Matschüler, déi an aner Schoule ginn?

An ech stelle mer och d'Fro, ob doduerch, wann dat hei géing Schoul maachen, net op eemol d'Jugendveräiner och Problemer mam Nowuess kréichen, well d'Kanner einfach keng Zäit méi hätten un deenen Aktivitéiten deelzehuelen; d'Fräizäitaktivitéite gi jo dann an der Schoul ugebueden. An den Här Maroldt huet elo grad vum Jardinage geschwat, deen do ugebuede gëtt; et sinn also Gaardenaarbechte virgesinn, handwierklech Aarbechten, Theater an Zirkus.

Ech bedaueren, dass an deene Fräizäitaktivitéiten net extra och nach de Sport virgesinn ass an ech wier frou gewiescht, wann de Sportsminister dozou seng Attitüd hätt kënne soen, well mir soen

dach ëmmer, et muss méi Bewegung gemaach ginn. Mir hunn zwar ee Fach, dat heescht Sport et santé, awer an der Fräizäitaktivitéit an dem Neie Lycée ass näischt Extraes fir Sport virgesinn.

Zum Schluss, Här President, wëll ech nach eng Kéier betounen, dass mir bedaueren, dass de Besoin vum Encadrement vun de Kanner - wat wierklech een enorme Besoin ass a wou mir mussen als responsabel Politiker um nationalen oder um kommunale Plang den Elteren an de Schüler entgéintkommen, en adequaten Encadrement ginn, mat Hausaufgabenhëllef - hei vermëscht gëtt mat enger neier pedagogescher Approche, mat där ech net kann d'accord sinn.

Dofir wëll ech widderhuelen, dass mir verlaangen, dass an all Regioun vum Land fir den Ufank op d'mannst ee Lycée zur Verfügung steet wou eng Ganzdagsbetreiung, dat heescht en Accueil an no der Schoul Hausaufgabenhëllef, ugebuede ginn, wou d'Kanner da kënne guidéiert an encadréiert ginn.

Mir bedaueren, dass d'Educatioun an eng Richtung geet, déi onser Meenung no d'Kanner net op d'Erausfuerderunge vu muer preparéiert. Well mir liewen an enger Welt vu Konkurrenz, mir liewen an enger Welt, wou ee sech deem anere muss stellen a mir bilden se awer hei an engem System aus, wou se dee Gedanken net mat op de Wee kréien.

An hei gëtt am Fong, fir bei der Terminologie vum Zirkus ze bleiwen, Här President, de Schüler an hiren Elteren eppes virgegaukelt, wat awer dann net ass. D'Schoul ass nun awer emol keen Zirkus. Ech hu mer wierklech d'Fro gestallt, wann ech Kanner an deem Alter hätt, ob ech se géing an dee Lycée schécken; an ech hu mech vill mat der Matière ausernee gesat. Ech muss lech soen, Här President, meng Äntwert wier do kloer Neen.

Mir als Fraktioun vun der DP kënnen net fir dëse Projet stëmmen an dat well mir fannen, dass éischtens dëse Projet iwwert de Knéi gebrach ass; zweetens, well déi pedagogesch Approche an déi falsch Richtung geet; drëttens, well d'Schüler net op d'Erausfuerderunge vu muer preparéiert ginn; véiertens, well d'Schüler net geléiert gi sech der Konkurrenz ze stellen an dofir spéider sech um Aarbechtsmaart net wäerten zurechtfannen; fënneftens, well schwaach Schüler riskéieren de richtegen Tratt ni ze fannen; sechstens, well den Elteren an de Schüler eppes virgegaukelt gëtt a siwentens, well d'Schüler riskéieren hei an eng Sakgaass ze geroden.

Déi nei Unterrichtspolitik ass drop ausgeriicht, dass mir sollen eng Schoul kréien, déi Spaass mécht. Jo, et wier formidabel wann een all dat, wat een duerno am Liewe mécht, mat Freed a mat Spaass kéint maachen. Et ginn awer och Contrainten an et muss een och vu klengem u léiere mat deene Contrainten eens ze ginn. Et muss een och léieren Echecen ze bewältegen, en Apprentissage vum Echec gehéiert och zum Apprentissage, well ee soss riskéiert duerno am Liewen net eens ze ginn.

Dat Essentiellt an der Schoul awer ass, nieft all deenen anere Facteuren, déi wichteg sinn, an onsen Aen - an dat däerf een net vergiessen - d'Missioun vun der Wëssensvermëttlung, déi an der Schoul muss bleiwen. An d'Wëssensvermëttlung ass d'Basis op déi een dann duerno eppes kann opbauen. Wa mir déi Missioun net duerchbréngen, dann hu mir wierklech net am Intérêt vun de Kanner geschafft a well mir all déi Zweifel hunn, kënne mir dëse Projet net stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Als nächste Redner ass den honorabelen Här Diederich ageschriwwen. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Diederich *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deem excellenten ausféierleche Rapport vum Rapporteur a Kommissiounspresident an den Ausféierunge vum Här Maroldt, ass et fir mech méi einfach, ech ka mech méi kuerz faassen. Ech wëll awer e puer Punkten erwähnen.

Vu dass d'Enseignanten an enger Équipe pédagogique schaffen, siwe Proffen an zwee Educateuren, déi véier Klasse vun engem Joergang aus deenen dräi verschiddenen Ordres d'enseignement prinzipiell während dräi Joer begleet, ass eng besser Différenciatioun vun den eenzelnen Ordres d'enseignement méiglech. Si kennen d'Schüler besser a kënne méi eng individualiséiert Betreiung garantéieren, am Géigesaz zu deem, wat viru kuerzem ee Geschichtsprof aus der Stad an engem Lieserbréif geschriwwen huet, dee mindestens aacht Klasse vu bis zu 30 Schüler zweemol d'Woch während engem Joer gesinn huet an zougëtt, déi meeschte Schüler net emol mam Numm kannt ze hunn.

(Interruption)

Dës individuell Betreiung erlaabt et, dem perséinleche Rhythmus vum Schüler besser Rechnung ze droen. Schüler mat Problemer an engem bestëmmte Fach kënnen duerch besonnesch Hëllef hir Retarden oder hir Defiziter opschaffen. Anerer, déi an hiren Interessegebidder méi staark sinn, kënnen iwwert déi festgeluechte Programmer erausgoen an hiert Wëssen erweideren.

Wichteg ass d'Kooperatioun vun den Enseignanten ënnerteneen an hir Verantwortung de Schüler géigeniwwer. Déi eenzel Enseignantë stinn net eleng virun den Erausfuerderunge vun hirem Beruff, mä kënnen sech permanent austauschen a géigesäiteg beroden, besonnesch wann et drëm geet, ze differenzéieren an d'Sockelkompetenze festzeleeën. Hei geet et drëm, keen Nivellement vers le bas ze maachen, mä de Schüler op sengem héchstméiglechen Niveau ze qualifizéieren.

Mir mussen awer och wëssen, datt mer ons an engem europäeschen Ëmfeld befannen an un eis Schüler an eise Schoule keng iwwerdriwwen an domat ongerecht Fuerderunge par rapport zum Ausland däerfe stellen. D'Kompetenze sinn net ëmmer dat wat ee weess, mä virun allem dat wat ee kann.

Der Schoul gëtt jo och oft de Virworf gemaach vun der renger Wëssensvermëttlung mat där de Schüler gréisstendeels eng passiv Roll anhëlt. Wichteg ass et virun allem, d'Motivatioun vum Schüler ze verbesseren. Dëst ass zum Deel méiglech andeem de Schüler méi eng aktiv Roll am Unterrecht anhëlt, sech méi engagéiert a méi autonom fonctionnéiert.

D'Kooperatioun tëschent de Schüler erméiglecht et dem Eenzelnen, seng Iddien a seng Interessen auszetauschen, säi Wëssen anzebréngen, vun deem aneren ze léieren, Saachen zesummen ze entdecken, Ënnerscheeder ze erfaassen an als Beräicherung ze erliewen, Toleranz ze léieren a sech géigesäiteg ze hëllefen. Doriwwer eraus ass d'Fäegkeet, am Grupp schaffen ze kënnen, eng wichteg Kompetenz am Beruffs- an am Privatliewen.

D'PISA-Etüd huet bewisen, datt Schüler dat wat se geléiert hunn och net richteg kënnen applizéieren. D'Schüler hunn an Ëmfroe geäntwert, datt si an der Mathematik oft net wëssen, wat se mat der Theorie ufänke kënnen. Duerch interdisziplinär Themeprojekter soll dëst verbessert ginn. Déi rigid Fächerandeelung erweist sech oft als Hindernis wa se der Komplexitéit vun der Erfahrungswelt vum Schüler, dee méi abezu gëtt, net gerecht gëtt. Déi disziplinär Fächer, déi d'Sproochen an d'Mathematik behandelen, behalen hir Wichtegkeet wat d'Acquisitioun vun alle weidere Kenntnisser ugeet.

D'Projete sinn zweesproocheg organiséiert a förderen déi mëndlech a schréftlech Sproochfäerdegkeet. D'Sproochen an d'Mathematik ginn net op reng Technik reduzéiert, mä am Kontakt kënnen d'Schüler d'Bedeitung vun Texter souwéi d'Auswierkunge vun de mathemateschen Applikatioune besser begräifen a léieren de Wäert am Alldagsbezuch vun de Sproochen an der Mathematik anzeschätzen.

Wichteg ass ausserdeem, datt d'Schüler ausserhalb vun de Coursen ënnert der Zoustännegkeet vun Éducateurs gradués zesummeschaffen a -liewen an un enger ausgläichender Aktivitéit deelhuelen, wou déi traditionell Fräizäitgestaltung wéi Sport a Musek duerch handwierklech Betätegung ergänzt gëtt. D'Zil ass eng Schoulgemeinschaft, déi dës Bezeechnung och verdéngt, wou all Bedeelegt zu Solidaritéit, Toleranz an Engagement encouragéiert ginn. Déi Themen, déi am Wäertunterrecht ugesprach ginn, sollen iwwert d'Unterrechtsstonnen eraus am Schoulliewen erfuer ginn.

D'Hausaufgabe ginn am Kader vun der Schoul gemaach, woubäi d'Schüler iwwert d'Dokumentatiounsmaterial aus Bibliothéike kënne verfügen an op d'Hëllef an de Rot vun den Éducateurs gradués kënnen zréckgräifen, mat dem Haaptzil, dem Schüler bäizebréngen, wéi ee léiert, fir spéider autonom un déi gestaltend Aufgaben erugoen ze kënnen.

E weidere wichtege Punkt ass d'Orientatioun vun de Schüler, déi méi Bedeitung kritt wéi d'Selektioun. Et soll verhënnert ginn, datt déi selektiv a vergläichend Versetzungskritären dat eenzegt Zil vun der schoulescher Laufbahn sinn.

D'Evaluatioun vum Schüler geschitt duerch d'Aschätzung vu sengen Aarbechten, sengem Kënnen a sengem Wëssen duerch den Team pédagogique, deen noutgedrongen den eenzelne Schüler besser kennt an opgrond vun all den Donnéeën, iwwert déi e verfügt, eng besser, eng méi geziilt a méi schnell Orientatioun vum Schüler ka garantéieren, wéi dat ënnert den aktuelle Konditiounen de Fall ass. Ausserdeem ginn d'Eltere méi enk a méi regelméisseg an d'Strukturen an an de Fonctionnement vun der Schoul agebonnen, gläichzäiteg awer och méi responsabiliséiert.

Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, datt den Encadrement, deen ech hei opgezeechent hunn, an all déi Mesuren, déi mer hei opgefouert hunn, et wäerten erméiglechen, eis Kanner besser ze encadréieren an d'Offres scolaires esou ze gestalten, datt mer net méi an Zukunft déi Faillite mussen erliewen, datt mer 4.000 Kanner an d'Ausland schécke mussen, wat mer och an der PISA-Etüd gesot hunn.

(Mme Lydie Err prend la Présidence)

An deem Sënn wëll ech de Projet hei nach eng Kéier vun eiser Fraktioun als positiv duerstellen an den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

Mme le Président.- Merci, Här Diederich. Den nächste Redner ass den Här Adam. Dir hutt d'Wuert, Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Madame Presidentin, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5434 iwwert d'Schafung vun engem Lycée-pilote ass an enger éischter Versioun den 20. Januar 2005 déposéiert ginn. Den 28. Abrëll sinn eng ganz Rei Amendementer komm, an net där klengster. De 24. Mee huet de Statsrot säin Avis ginn. Den 2. an den 9. Juni huet d'Unterrechtskommissioun ënnert dem Virsëtz vum honorabelen Här Scheuer de Projet diskutéiert an de 14. Juni ass de Rapport ugeholl ginn.

Do wier et jo elo einfach fir als Oppositiounspolitiker ze behaapten, dat Gesetz wier iwwert de Knéi gebrach ginn a géing elo ganz schnell, vill ze schnell duerch d'Chamber gedréckt ginn. Ech maachen dat awer net. Ech sinn der Meenung, datt mir hei e gutt Gesetz hunn, an datt dat Gesetz och gutt ausgeschafft ass.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Villes, wat mir am éischte Projet vermësst hunn, hu mir am definitive Projet erëmfonnt. Och deen am Gesetzestext ugekënnegte Règlement grand-ducal läit als Projet vir. Natierlech gëtt et Zäit, datt mer deen Text elo stëmmen. Et ass schonns eng gelunge Situatioun, datt Elteren hir Kanner an eng Schoul umellen, déi et nach guer net gëtt.

Une voix.- Très bien.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Natierlech gëtt et och nach aner Problemer an eise Schoulen, déi scho laang viru sech hischleefen an déi net mat därselwechter Vitesse behandelt ginn. Natierlech wonnert ee sech, wa verschidde Gesetzesprojeten an der Educatioun éiweg dauere bis se zu engem glécklechen Enn fannen. Mir hu jo haut och nach de Projet de loi iwwert d'Astelle vun de SREAs-Leit um Ordre du jour, a wéi laang de Projet Jenker ënnerwee war, weess heibannen och jiddfereen.

An trotzdeem an am Géigesaz zu menger Virriednerin vun der Demokratescher Partei fanne mir et immens flott, datt mer dëst wichtegt Gesetz esou séier an esou gutt kënnen ëmsetzen. Et weist, datt och an der Politik gëllt, wann een eppes wierklech wëllt maachen, da geet et och. Net just d'Madame Minister wollt, déi ganz Regierung huet mat gewollt. Et war jo net nëmme Virbereedungsaarbecht, et hunn och missen iwwerall déi néideg Finanze bereetgestallt ginn. Dat léisst eis hoffen, datt mat deemselwechte Wëllen elo un déi nächst Projeten erugaange gëtt. Et stinn der jo nach genuch an der Rei.

Mir Gréng freeën eis op alle Fall, haut de Projet Neie Lycée kënne matzestëmmen. Fir d'éischt wëll ech dem honorabelen Här Scheuer Merci soe fir säi gudde Rapport an an engems säin Historique e bëssen ergänzen.

De 15. November 2000 hat de Gréngen-Deputéierte Robert Garcia…

Plusieurs voix.- Aaahhh! Très bien!

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- …am Kader vun enger Interpellatioun iwwert d'schoulesch Inhalter hei an der Chamber eng ganz Serie vu Motiounen déposéiert.

(Interruption)

An der Motioun 10 hat déi Gréng Partei d'Regierung invitéiert fir e Lycée-pilote ze schafen. Ech zitéieren: «La Chambre des Députés invite le Gouvernement à mettre en œuvre des dispositifs visant à initier l'expérience d'un lycée coopératif à plein temps comme offre scolaire ciblée dans un établissement de l'enseignement postprimaire.»

An der Motioun gouf de Grupp Lycopa ausdrécklech ernimmt. Dës Motioun gouf, genau wéi vill aner gréng Motiounen, déi sech mat inhaltleche Schoulerneierunge befaasst hunn, hei am Haus refuséiert. Ëmsou méi freet déi gréng Fraktioun sech, datt dës refuséiert Motioun haut realiséiert gëtt. De Projet de loi erméiglecht et eiser Meenung no, déi Kritären, déi an der Regierungserklärung opgezielt sinn, ze erfëllen. Mir hätten zwar léiwer am Primär mat enger Ganzdagsschoul ugefaangen, mä dat ass keen Argument géint dëse Projet de loi. Mir mengen, datt een an dësem Fall och kann deen zweete Schrëtt virun deem éischte maachen, ouni onbedéngt op d'Nues ze trëllen.

Ech wëll net alles widderhuele wat hei scho gesot ginn ass. Ech loosse mer awer d'Freed net huelen, déi aus grénger Siicht wichtegst Argumenter fir de Projet a selbstverständlech och déi Kritike géint de Projet hei virzedroen.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech an den Detail ginn, zielen ech lech eng Kéier kuerz eis Grondgedanken zu dësem Projet op.

Déi gréng Fraktioun bedauert virun allem, datt keng Filière unique geschaf gouf, well mir mengen, dat wier eng logesch Konsequenz aus der Philosophie vun dëser Schoul gewiescht.

Mir bedaueren och, datt d'Englesch op Septième als Fach agefouert gëtt, well dës Décisioun eiser Meenung no net genuch preparéiert gouf an d'Aarbecht onnëtzerweis méi komplizéiert mécht.

Déi gréng Fraktioun wäert dëse Projet awer matstëmmen, well en däitlech positiv Akzenter setzt.

D'Offer vun enger Ganzdagsschoul ass eng Noutwendegkeet.

Déi pedagogesch Schwéierpunkte si richteg: Schaffen am Team vun Enseignanten an Éducateurs gradués; méi Participatioun vu Schüler an Elteren; eng nei Form vun Evaluatioun vun de Schüler; d'Léieren orientéiert sech méi staark no de Schüler a manner no fixë Programmer.

Mir fannen et gutt, datt een neit Fach „éducation aux valeurs" amplaz vun zwee Fächer, dem Reliouns- an dem Moralunterrecht, déi an deenen anere Schoule parallell lafen, kënnt. Duerch dës Mesure hu mir an dëser neier Schoul keng Leit méi, déi vum Bistum ofhängeg sinn, mä just nach Enseignanten, déi dem Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle ënnerstallt sinn.

Mir begréissen et, datt den Neie Lycée Schüler vum Secondaire classique, vum Secondaire technique a vum Préparatoire ophëlt. De Lycée classique ass mat 45% vun der Schülerpopulatioun ëmmer nach liicht iwwerrepresentéiert. D'Statistike vum Ministère soen, datt an der Moyenne knapp 32% vun de Schüler op Septième an engem Lycée classique ufänken. Ëmmerhi si mer awer vill méi no bei enger Schoul, wéi mir eis se virstellen, eng Schoul wou all Schüler dra ginn, net no Schoultyp getrennt, wéi dat an anere rezente Projeten de Fall ass. Ech denken do un den Alima, wou bei sechs Secondaire-classique-Klassen grad mol dräi Technique-Klassen an eng Modulaire-Klass sinn. Oder un den neie Péitenger Lycée, wou de Modulaire ëmmer nach zu Déifferdeng ausgesonnert bleift.

Och wa mir et positiv fannen, datt déi dräi Regimer anstänneg am Neie Lycée vertruede sinn, fanne mir et schued, datt den Neie Lycée un den dräi Regimer festhält. A senger eegener Philosophie vun engem méi individualiséierten Unterrecht an enger positiver Evaluatioun, hätten déi dräi Regimer missen ofgeschaf ginn an zu enger Filière unique verschmolt ginn. Wéi steet esou schéin am Dossier de presse vum Neie Lycée: «Nous préférons orienter plutôt que sélectionner (…) Dans une société mar-

quée par la classification et par la concurrence, il faut que l'école résiste au mesurabilisme et à l'étiquetage des personnes.»

Schued, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, datt do de politesche Courage gefeelt huet an déi praktesch Konsequenzen net aus deenen theoreteschen Iwwerleeunge gezu gi sinn.

Déi nei Zäiten, wou déi verschidde Leit am Neie Lycée present sinn, si schonns bal revolutionär. D'Professere sinn 30 Stonne present, woubäi se 18 Stonnen Unterrecht hunn. Dat ass richteg nei, a mir mengen och richteg gutt. Mir wënschen eis, datt d'Professere gutt Aarbechtskonditioune gesat kréien, datt se hir Zäit, déi se net mat ënnerriichte verbréngen, sënnvoll nëtze kënnen. Dat schéngt eis eng Grondviraussetzung ze sinn, fir datt iwwerhaapt eréischt Teamaarbecht méiglech gemaach gëtt.

D'Schüler gi plein temps während fënnef Deeg an der Woch an d'Schoul an hunn eng obligatoresch Presenz vun aacht Auer bis hallwer fënnef. Dat sinn 8,5 Stonne pro Dag, oder 42,5 Stonnen an der Woch. Dat ass vill. Ech verstinn allerdéngs och net d'Virriednerin vun der Demokratescher Partei, déi seet, si hätt gäre Ganzdagsschoulen, an déi dann awer an engems bedauert, datt déi Kanner net kënnen an de fräien Nomëtteger an d'Veräiner goen. Ech mengen, et kann een net déi zwou Saache mateneen hunn.

(Interruption)

D'Presenz vun 42,5 Stonne vun de Kanner, déi gëtt nach just getoppt vun den Educateurs gradués, déi eng Presenz vu 44 Stonnen an der Woch ugebuede kréien. Bei den Educateurs gradués sinn déi 44 Stonnen allerdéngs net revolutionär, mä Alldag.

D'Schüler kënnen d'Zuel vun hire Presenzstonnen nach däitlech eropsetzen, wa si vun der Offer vum Encadrement, wat iwwert déi obligatoresch Presenz erausgeet, wëlle Gebrauch maachen. Dat ginn ënner Ëmstänn laang Deeg an déi packen d'Schüler nëmmen, wann tëschent studéieren, relaxéieren, léieren, jo, a vläicht och nach e bësse spillen ofgewiesselt gëtt.

D'Wichtegkeet an de Rôle vun den Educateurs gradués kann net oft genuch betount ginn.

Datt Handwierk, Zirkus, Theater an dobausse schaffe mat an de Programm ageplangt ginn, ass fir verschidden Hinterwäldler oder Hinterwäldlerinnen eng Ursaach, fir domm Witzer ze maachen. Mir fannen dat allerdéngs eng excellent Iddi, déi och ouni Problemer pedagogesch kann argumentéiert ginn.

Et wier bestëmmt richteg gewiescht, fir fir d'éischt iwwert d'Inhalter an d'Schwéierpunkter vun deenen eenzelne Fächer an all eise Schoulen ze schwätzen, an dann eréischt ze konzentréieren, ze gruppéieren, ze eliminéieren.

Trotzdeem, d'Gruppéieren a siwe Branchë mécht Sënn. Mir sinn net am Leed, datt d'Schüler an d'Schülerinnen net genuch léieren an net genuch bäiléieren. Ëmmer virausgesat, d'Zesummeschaffe vun den Equipë klappt an der Realitéit esou gutt, wéi et um Pabeier proposéiert gëtt.

E bësse Suerge mécht mir allerdéngs dee gewaltegen Usproch, deen d'Auteurë vum Projet un hir Enseignantë stellen: «Les branches sont essentiellement enseignées par projets à thèmes transdisciplinaires.»

Dat ass u sech eng excellent Iddi. Projektunterrecht ass déi schwieregst an usprochvollst Form vu methodeschem Handelen an der Schoul. Deen - ech gi mol dovun aus, datt hien et gëtt - neien Direkter vum Neie Lycée huet an der Chamberskommissioun och keng Zweifelen dru gelooss, datt hien et eescht mengt mat de Projeten.

Eng intensiv Diskussioun ass am Ufank vun all Projet. Et gi praktesch keng Schoulbicher benotzt, d'Schüler schreiwen zum Deel hir eege Bicher. Alles wonnerbar!

Mä, dat kascht extrem Energie bei alle Bedeelegten. Wa méi oder wéineger permanent mat Projetë vu wéinstens sechs Woche geschafft gëtt, heescht dat sech Gedanken iwwert den neie Projet maachen, wann deen ale grad an der Endphas ass. Mir ass kee Schoulmodell bekannt, wou d'Projetsaarbecht esou ambitiéis ausgeluecht gëtt. Ech vertrauen drop, datt d'Équipe pédagogique an eng gewësse Routine, déi sech mat der Zäit astelle wäert, méiglech idealistesch Exzesser opfänke wäert.

Net frou si mir och mat der Iddi, schonns op Septième Englesch ze enseignéieren. Ech hunn dat an der Unterrechtskommissioun och däitlech gesot a bei deem Punkt dem Projet net zougestëmmt.

Eis Sproochesituatioun hei zu Lëtzebuerg ass eng komplizéiert. Hei an der Chamber ass schonn öfters op eisen Trilinguisme higewise ginn. Hei an der Chamber waren och schonns verschidden Débats d'orientation, zum Beispill 1983 iwwert d'„problématique enseignement-immigration", oder 2000 iwwer „une école de l'intégration". Vun deene 40 Mesuren, déi 1991 festgehale goufe fir d'sproochlech Situatioun vun all eise Schüler ze stabiliséieren a wa méiglech ze verbesseren, ass keng déi drop hiweist, datt een Englesch soll op Septième aféieren.

Mir menge festzestellen, datt ëmmer méi Schüler a Schülerinnen hire Secondairesofschloss kréien, an awer nach däitlech Defiziter an de Sproochen hunn. Menges Wëssens sinn déi Defiziter net méi däitlech am Englesche wéi am Däitschen an am Franséischen. Ech froe mech also, op wéi engen Erkenntnisser d'Décisioun berout, dem Englesche méi Gewiicht ze ginn.

Ee Joer éischter ufänken heescht jo, ee Joer méi Zäit hu fir eng Sprooch. Well näischt anescht ewechfält, riskéiert dës Mesure op Käschte vun iergendeppes anescht ze goen, zum Beispill vum Däitschen oder Franséischen.

Mir sinn also net ganz sécher, datt et gutt ass Englesch méi fréi an der Schoul ze maachen. Ech ginn dovun aus, datt d'Iddi dohier kënnt, datt d'Importenz vun der englescher Sprooch weltwäit zouhëlt an datt de Ministère mengt et wier richteg, méi fréi Englesch ze léieren. Dat mécht awer net all Sënn.

Et ass haut keng geséchert Erkenntnis, datt een eng Sprooch ëmmer da besser léiert, wann een se méi fréi léiert. Beim Léiere vun enger Sprooch gëtt et nach eng ganz Rei aner Facteuren, déi eng wichteg Roll spillen. Wéi gefestegt ass d'Mammesprooch? Wéi gefestegt ass déi éischt Friemsprooch an déi zweet Friemsprooch? Wéi vill Zäit gi mer enger Sprooch? Méi oft a méi laang an enger Woch, während zwee Joer, dat bréngt ënner Ëmstänn méi, wéi véier Joer mat manner Wochestonnen.

Am Neie Lycée gi vill Neierungen ageféiert, a mir begréissen déi allermeescht. Hei froe mir eis, ob d'Décisioun, fir Englesch op Septième anzeféieren, iwwerhaapt genuch analyséiert gouf an, wa mir dat da wëlle maachen, ob mir dat dann net besser an engem traditionnelle Lycée hätte maache sollen. Hei wier et méi einfach gewiescht, eng Evaluatioun vun esou enger punktueller Mesure ze maachen a mir hätten dem Neie Lycée eng Schwieregkeet, déi a kengem relevanten Zesummenhang vum ganze Konzept steet, ewechgeholl.

Bal richteg revolutionär gëtt eise Projet wann et ëm d'Evaluatioun vum Wëssen a Kënnen an ëm d'Orientatioun vun de Schüler a Schülerinne geet. An hei hunn ech och mat Erstaunen a Schrecke festgestallt, datt d'Demokratesch Partei sech kloer als Partei vun der Erzéiung vum 20. Jorhonnert festschreift an net op de Wee vun neie Mesurë wëllt matgoen.

Mir schwätzen eigentlech vun zwee Prozesser vun Evaluatioun an Orientatioun. Orientatioun an Evaluatioun während der Zäit, wou d'Schüler an d'Schülerinnen am Neie Lycée an d'Schoul ginn - dat ass deen éischten Deel. Hei ass déi gréng Fraktioun begeeschtert.

D'Schüler ginn net méi eleng mat deene sou genannten objektive Punkte bewäert. Frot dach emol Ärem Kand säin Turnprof, firwat hatt 46 an net 36 huet oder ëmgedréint. Firwat hunn ëmmer erëm Schüler an engem Fach dat eent Joer excellent Noten an dat anert Joer bei engem aneren Titulaire komme se net aus der Datz eraus; sou vill zu den objektive Punkten.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Fir dass d'Schüler, d'Elteren an d'Proffen sech e bessert Bild kënne maachen, sollen d'Schüler eng Aart Tagebuch féieren, hir Prüfungen, Texter, Referater an engem Dossier zesummenhalen a vun der Équipe pédagogique kritesch begleet ginn. An dann - o mei o mei - däerfen d'Elteren och nach matschwätzen. Dat ass effektiv revolutionär an et ass ganz wichteg, datt keng Méi gescheit gëtt, dass dës Revolutioun geléngt.

Well d'Kanner nach net déi voll Verantwortung fir hire Bildungsprozess kënnen iwwerhuelen, well mer d'Elteren net kënnen an och net wëlle vun hirer Verantwortung fir d'Erzéiung vun hire Kanner lassspriechen, si mir der Meenung, datt Schoul an Elteren hiren Erzéiungsoptrag gemeinsam sollen ausüben.

D'Schoul huet zu Lëtzebuerg nach ëmmer dozou tendéiert, hire Bildungsoptrag ouni d'Bedeelegung vun den Elteren ze entwéckelen. Eng partnerschaftlech Gestaltung vum Erzéiungsoptrag kann nëmme geléngen, wann et gemeinsam Diskussiouns- an Entscheedungsstrukture gëtt, déi sech op déi ganz Schoul- an Unterrechtsgestaltung bezéien.

D'Enseignantë sinn op esou eng Kooperatioun oft net virbereet. Et gëtt Elteren, déi si wéineg kooperatiounsbereet an et gëtt och Elteren, déi eng grouss Distanz zu all Bildungsbeméiungen hunn. Mir trieden duerfir an, datt Elteren an Enseignantë sech géigesäiteg respektéieren. D'Enseignantë sinn Experten an hirem Fach, an hirem Beruff, d'Eltere sinn hirersäits Experte vun hire Kanner. Dat gemeinsaamt Zil, eng optimal Bildung an Erzéiung vun de Kanner a Jugendlechen, verflicht zu enger Zesummenaarbecht am géigesäitege Respekt.

Den Neie Lycée mécht däitlech e Schratt a Richtung responsabiliséiere vun den Elteren an der Schoul. Dat geet ënner anerem aus dem Artikel 3 vum Projet de règlement grand-ducal iwwert de Fonctionnement vum Neie Lycée ervir. Dat ass ee schwieregen, mä awer een noutwennege Schratt.

Mir deelen dem Statsrot seng Bedenken net, datt duerch d'Abezéiung vun den Elteren an Décisiounsprozesser d'schoulesch Autoritéit opgeweecht gëtt. Mir mengen, datt de Respekt virun der Institutioun Schoul scho laang keen Automatismus méi ass an datt d'Schoul hir Autoritéit duerch fachlech Kompetenz muss ausbauen.

En zweete Prozess vun Evaluatioun an Orientatioun ass virgesi wann d'Schüler den Neie Lycée verloossen; am Prinzip also, wa se d'Orientéierungsstuf hannert sech bruecht hunn. Datt déi eng Schüler no dräi Joer erausorientéiert ginn an déi aner eréischt no véier Joer, dat ass net nëmme fir den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand schwéier verständlech, mä dat steet eben elo net zur Debatt. Mir begréissen et, datt zu dësem Zäitpunkt een externe Jury ageschalt gëtt an eng Décisioun huele soll.

Mir begréissen och, datt den Neie Lycée vun Ufank u mat der Uni Lëtzebuerg (Campus Walfer) zesummeschafft. Mir begréissen, datt am Artikel 18 de Fonctionnement vum Lycée enger Évaluation continue ausgesat ass a fir eis heescht dat och kloer, datt ee Bilan net eréischt no fënnef Joer ka gezu ginn.

Et ass wichteg, datt d'Erkenntnisser vum Neie Lycée, d'Erfolleger an d'Mësserfolleger, op enger breeder Basis kënnen diskutéiert ginn, zu Konsequenze fir den Neie Lycée féieren an awer och en Afloss kréien op de ganzen Enseignement secondaire.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet pilote kënnt frësche Wand an den Enseignement secondaire. Et ass en Ufank vun enger Reform an d'Reformbestriewunge musse weidergoen: am Interesse vun eiser Jugend, am Interesse vun eiser Schoul a vun eiser Gesellschaft.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, PISA I a PISA II waren zwee Schocken, déi duerch d'Welt vum Enseignement gaange sinn, bei den Eltere, bei de Schüler, an hunn d'logesch Konsequenz gehat, datt no enger Reform vum Enseignement primaire geruff ginn ass a mir erwaarden och do, datt d'Regierung e puer Initiativen hëlt, fir deem entgéintzetrieden.

Mä et huet natierlech och bedéngt, datt ee soll nei Weeër goen am postprimairen Unterrecht, d'autant plus wou ee weess, datt eng ronn 20% vun de Schüler, déi op eng Septième kommen, spéider hiren Ofschlossexamen net maachen; dat ass ee Schüler vu fënnef; an dowéinst muss een nei Weeër goen.

Et ass evident, datt wann een och nei Weeër wëllt goen, datt da mat all méigleche Moyenë versicht gëtt, déi traditionell Force d'inertie, déi ee speziell bei Reformen am Enseignementsgebitt notéiert, a Bewegung ze setzen. Mir mengen awer, datt et just gutt ass, datt ee muss nei Weeër goen, fir kënne virunzekommen a fir besser Resultater kënnen erauszeschloen.

Wann een nun déi Propositioune gesäit, déi um Pedagogeschen, um Organisatoreschen hei am Projet vum Lycée-pilote virgesi sinn, da muss ee soen, datt se effektiv ganz nei Weeër aginn. Ech wëll net an all d'Detailer goen, déi am excellente Rapport vum Här Scheuer virdrun ugeschwat gi sinn, mä et muss een awer e puer Saachen ervirsträichen.

Sou den Travail en équipe pédagogique vun den Enseignanten an den Educateuren, wat mir als eng positiv Saach ugesinn a wou mir och als ADR gefrot hunn, datt esou ähnlech Konzepter sollten um Niveau vun de Primärschoule lafen. Mir begréissen och, datt d'Zesummenaarbecht mat den Eltere soll gefleegt ginn. Vun eiser Säit gesi mir awer, datt d'Elteren sech sollen - déi zwee Elterendeeler, gescheet oder net gescheet - hei implizéiert fillen a sech ëm hir Kanner këmmeren. Ech mengen et ass dat, wat wichteg ass, dass d'Kanner gesinn, dass se integréiert ginn an dass se vun hiren Elteren - ob déi nach zesummeliewen oder net - suivéiert ginn.

Dann ass och ee Punkt, dee vill an der Diskussioun war, de Problem vun der Evaluatioun vun de Schüler. Et ass evident, datt hei och op nei Weeër gaange gëtt. E gudden Deel vun deene Problemer, déi an der Diskussioun sinn, fannen sech vläicht net hei am Gesetz erëm, mä an deem Règlement grand-ducal, wat ausgeschafft ginn ass. An et ass evident, datt d'Chamber hei nëmmen de grousse Kader setzt an deem sech déi Reform vum Lycée-pilote soll erëmfannen, mä datt een duerch de Règlement grand-ducal an duerch d'Ausféierung vum Règlement grand-ducal a gegebenenfalls duerch rapide Ëmännerunge vum Règlement grand-ducal kann eventuellen Iertümmer oder Problemer auswäichen.

Mä et ass kloer, datt sech do en Défi stellt a mir hoffen, datt dee ganze Prozess, sou wéi en eis erkläert ginn ass, effektiv réusséiert. Mä et ass en Défi wou ee muss kucken, ob sech d'Theorie an der Praxis effektiv esou ausweist. Mä mir sinn awer confiant, datt et esou réusséiert, well et jo bien entendu och op engagéierten Enseignantë baséiert, déi sech hei op fräiwëlleger Basis an esou ee Lycée mellen.

An entgéint mengem Virriedner begréisse mir och, datt mir elo Englesch direkt als éischt Sprooch mat kënnen integréieren. Mir hu gesinn, datt et an anere Schoulsystemer ganz gutt fonctionnéiert, datt dräi Sproochen zesummen enseignéiert ginn. Ech wëll nëmmen drop hiweisen, datt dat de Fall ass an der Waldorfschoul, datt et just do méi lues geet, dat heescht den Temps d'enseignement ass méi laang, et gëtt e bësselche méi lues geschafft an et gëtt net a Stonnen, mä an Epoche geschafft, mä et réusséiert.

Et ass also eng Méiglechkeet fir op dee Wee do ze goen. Et muss ee just hei och kucken, datt déi Équipe pédagogique déi richteg Weeër fënnt, fir dat mat erunzebréngen. Et ass en Défi wäert, a mir géingen och begréissen, datt bien entendu den Enseignement vum Engleschen op Septième och an den normale Lycéeë géing gemaach ginn.

Et wäerten sech e puer praktesch Problemer stellen, Madame Ministerin. Dat eent ass, wann ech déi lescht Zuelen an Erënnerung hunn, da sinn et eng 600 Schüler, déi sollen hei integréiert ginn. Mä virausiichtlech wäert d'Demande méi grouss si wéi d'Plazen, déi zur Verfügung stinn. Dofir wollt ech och d'Madame Ministerin froen, datt se hei op der Tribün soll soen, wéi se dann elo déi Selektioun wëllt virhuelen, ob dat iwwert d'Lous ass oder iwwer aner Weeër.

Da stellt sech och e Problem vum öffentlechen Transport, well et ass jo evident, datt déi Schülerinnen a Schüler hei aus dem ganze Land kommen, an datt, wa se mat 600 Autoen oder ech weess net wat soss op eng Plaz sollen zesummegefouert ginn, dat géing Problemer bréngen. Do wäert sech also och e klengen organisatoresche Problem stellen, deen awer geléist muss ginn, a wou ee muss kucke mat der zoustänneger Gemeng a mat soss dem öffentlechen Transport, datt een awer Léisunge fënnt.

Wat ons positiv zu dësem Gesetzesprojet, dee mer virleien hunn, an zu dësem Lycée-pilote stëmmt, ass, datt mer eng Evaluatioun maache vum Fonctionnement vum Lycée, an dat all Joers, an datt um Schluss och nach e Bilan gezu gëtt vun där Experienz. Dat si mer net esou gewinnt, well mer an anere Projeten a Projet-piloten zwar ëmmer gesot hunn, dat géing gemaach ginn, mä mir hunn et ni gesinn, wéinstens net an der Chamber. Vläicht hunn d'Ministèren déi Evaluatiounen, mä hei an der Chamber hu mer se net ze gesi kritt. Dofir wiere mer och frou, wann dat géing generaliséiert ginn.

Mir begréissen och, datt déi Evaluatioun hei gemaach gëtt zesumme mat der Uni Lëtzebuerg, datt Étude-comparativë solle gemaach ginn, well et ass wichteg, datt een dee Projet-pilote richteg steiere

kann. Well et geet jo hei awer ëm d'Existenz vu 600 Schülerinnen a Schüler, déi een net kann an eng Sakgaass goe loossen an hinnen dann no fënnef Joer seet: Et ass domm gaang!

Dat Wichtegst ass, datt de Ministère kuckt, datt hien déi Evaluatioune kritt, datt ee gesäit, wou eventuell Korrekturen noutwendeg sinn, fir datt de Projet-pilote, datt déi Expérience pilote eng Réussite gëtt. An et ass evident, huelen ech un, Madame Ministerin, datt Dir déi zoustänneg Chamberskommissioun wäert informéieren iwwert d'Evaluatiounen, déi do virgeholl ginn.

Wat d'Tâche vun den Enseignanten an den Éducateurs gradués ugeet, esou bleift een hei am Traditionelle wat d'Éducateurs gradués ugeet, dat heescht si kréien eng Moyenne vu 40 Stonnen d'Woch, mä déi bësselchen anescht gerechent gëtt duerch d'Vakanzen. Mä bei den Enseignanten ass et evident, datt déi 30-Stonne-Presenz en neie Wee ass. An dat ass en neie Wee, deen natierlech vun de Professesch-Gewerkschaften e bësselche contestéiert gëtt a wou se sech vill Froe stellen.

Mä et ass awer och e Wee, deem sech an onsen Ae muss d'Regierung an den Erzéiungsministère stellen, well fir déi zahlräich Enseignanten, déi mer brauchen an der Zukunft, net nure fir dëse Projet, mä fir d'ganzt Land als sollech, fir de ganze Postprimaire, muss et bien entendu entweder esou goen, no deenen Donnéeën, déi mer zur Verfügung hunn, datt een entweder d'Tâche vun den Enseignanten héicht, oder méi Leit aus dem Ausland muss hei erunzéien, fir den Enseignement un d'Goen ze kréien, respektiv e Mix vun deenen zwee. Mir hunn och als ADR ëmmer gefuerdert, datt méi Presenz an de Schoule vun den Enseignantë soll sinn, an ech mengen, dat heite geet och an déi richteg Richtung.

Da gëtt et héchstwahrscheinlech e Problem, e richtegen Défi fir déi Equipe, déi d'Animatioun vum Lycée wäert maachen, dat ass fir d'Schüler - vun aacht bis 16 Auer 30, mengen ech, ass et fir se an der Schoul ze halen -, ze motivéieren an zu Aktivitéiten ze bréngen. Dat ass en Défi. Well wann ech e bësse bei Jugendlecher vu 15, 16 Joer esou nolauschteren, huelen ech un, datt dat net grad wäert esou einfach sinn. An dofir mengen ech, misst ee sech och iwwerleeën, Madame Ministerin, ob et net gutt wier, datt ee Veräiner oder soss Leit an d'Schoul mat eranhëlt, fir justement déi Aktivitéite mat virzegesinn. Do gëtt et Méiglechkeeten, déi sécherlech wäerten an der Praxis fonctionnéieren, fir datt déi Animatioun, deen Encadrement réusséiert an och zum Réusséiere vun der Schoul bäidréit.

Da gëtt et ee Punkt, deen ech och schonn an der zoustänneger Kommissioun opgeworf hat, dat ass dee vum Käschtepunkt, vum Surcoût vun dësem Projet par rapport zum traditionelle Lycée. Am Rapport vum honorabele Rapporteur, dem Här Scheuer, gëtt drop higewisen, datt am Projet de loi elo vun engem Montant, vun de Frais d'exploitation courants vu 50.000 Euro geschwat gëtt. Et ass evident, datt dat nuren e Chiffre indicatif ass.

Mä et ass awer och evident, datt dëse Lycée-pilote méi Personal brauch, sief et nuren um Niveau vun den Educateuren. E wäert och, wéi dat hei explizéiert ginn ass, doduerjer, datt méi Presenzen do si vun den Enseignanten, datt verschidden Iwwerstonnen ufalen, bref, datt eng ganz Abberzuel vu finanziellen Implikatiounen hei an dëse Projeten dra sinn, a vu datt ech den 9. Juni gefrot hat, ob d'Madame Ministerin ons kënnt e bësselche méi prezis Chiffere ginn, an datt si mer gesot hat, dat wier an nächster Zukunft méiglech, froen ech, ob dat elo scho kënnt méiglech sinn, datt mer méi Informatioune kéinte kréien iwwert dee Käschtepunkt, iwwert de Surcoût, dee gefuerdert ass.

Well et ass och eng wichteg Fro an deem Sënn, datt ee muss kucken, wann een herno de Bilan vun der Expérience pilote kuckt, ob de Surcoût a Relatioun ass mat dem Resultat, wat ee schlussendlech kritt huet. Well wann et dofir ass, fir herno datselwecht Resultat méi oder wéineger ze kréien, da wier d'Konklusioun, datt d'Expérience pilote ratéiert wier. Et mussen also besser Resultater erauskommen. An doduerjer wiere mer frou, wa mer kënnten e puer Donnéeë kréien.

Dann, Madame Ministerin, eng lescht Bemierkung, eng lescht Fro. Dat ass, datt am Lycée-pilote de Bilan soll gezu ginn no fënnef Joer. Wann dat dann heescht, datt eréischt da versicht gëtt, fir déi Experienzen, déi mam Lycée-pilote gemaach gi sinn, op aner Lycéeën auszeweiten, da mengen ech, datt vill Leit, déi gehofft haten, datt an dëser Legislatur méi Lycéeë mat Journée continue géingen entstoen, batter enttäuscht wieren. An dofir wollt ech d'Madame Ministerin froen, ob se, onofhängeg elo vun de Resultater vum Lycée-pilote, wëlles huet, och an anere Lycéeë Journée-continuen anzeféieren, quitte datt een deen Ablack de Conseil pédagogique, deen hei am Lycée-pilote ass, net géing zréckbehalen, mä datt een einfach eng Journée continue als sollech géing virgesinn.

Dat gesot, Madame Ministerin, wëllt d'ADR-Fraktioun dësem Projet de loi zoustëmmen, well et wichteg ass, datt mer op nei Weeër ginn. Mir wënschen och all deenen, déi heidru participéiert hunn, all den Enseignanten, den Elteren, de Schüler dee Succès, deen dëse Projet méritéiert. Ech hoffen, datt mer herno no fënnef Joer déi richteg a positiv Bilanz kënnen zéien.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Als lescht Riednerin ass agedroen déi honorabel Madame Marie-Thérèse Gantenbein. Madame Gantenbein!

Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen *(CSV).*- Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, als lescht Riednerin ze schwätzen ass net esou einfach. Ech wäert och duerfir oppassen, datt et net ze laang gëtt an net onnëtzlech Widderhuelungen hei virhuelen. Ech wëllt awer e puer Saachen ënnersträichen.

Mir setzen haut mat dësem Gesetzesprojet iwwert de Lycée-pilote sécherlech ee vun deene wichtegste Projeten aus dem Koalitiounsprogramm vum August 2004 ëm. Et ass och ouni Zweifel ee vun deene wichtegste Projeten an der Post-PISA-Ära, well et en Text ass, deen eng Rei nei Elementer ëmfaasst, déi an där gesotener Etüd ugefouert goufen. Ewech vum Frontalunterrecht, hin zu enger op Verständnis baséierender Wëssensvermëttlung; wat jo ee vun deene Punkten ass, deen der Philosophie vum sou genannten Neie Lycée an engem besonnesche Mooss entsprécht.

Et geet also haut drëm fir mam heitege Vote engem neie Schoulmodell mat engem innovative pedagogesche Konzept op d'Spréng ze hëllefen an ze kucke mat Hëllef vun enger déif gräifender Evaluatioun, wat mer als politesch Verantwortlech aus dësem Pilotprojet fir eise gesamte Schoulsystem erausdrainéiere kënnen.

Fir eis als Fraktioun ass et kloer, datt dëse Projet e wichtegt Element ass an engem Reformprozess, dee mer mat dëser Debatt net ofgeschloss hunn. PISA I, PISA II an d'Recommandatioune vun der OECD huelen eis do an d'Flicht.

Mäi Merci geet awer un eise President, den honorablen Här Scheuer, fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, de Pilotprojet vun der Ganzdagsschoul am Secondaire ass e Projet, deen en innovatiivt pedagogescht Konzept als Zilsetzung huet, an d'Ganzdagsschoul als Mëttel fir dohinner. Sou steet et am Regierungsaccord. D'Ganzdagsschoul, esou wéi se an der Öffentlechkeet awer wouergeholl gëtt, oder gouf, ass eng ganzdeegeg Betreiung mat engem anere Schoulmodell, mam Numm Neie Lycée, wat dobaussen zu Confusioun gefouert huet, well u sech misst een dem Projet net den Numm ginn „Neie Lycée", mä „deen anere Lycée".

Scho säit Jore schwätze mer iwwer Reformen am Enseignement. Dat heescht an enger Matière, déi sech iwwer Jorzéngten zu engem immobilen an och deelweis opaquë Konstrukt entwéckelt huet. Keng gutt Entwécklung, well et muss een d'Echecen an och d'Ofwanderung vu ville Schüler an d'Ausland jo interpretéieren. Vläicht ass eise Bildungssystem haut am 21. Jorhonnert no PISA I a PISA II op seng Grenze gestouss, datt ee sech déif gräifend Gedanke maache muss iwwert d'Zukunftsfäegkeet vun eisem Bildungssystem.

Wa mer wëlle reformëieren, dat heescht wa mer eiser Schoul wëllen eng aner Form ginn, da muss ee sech eens iwwert d'Form sinn. Meng Fraktioun an ech, mir gesinn dëse Projet als Reaktioun op e Schoulsystem, dee ganz uniform ass; vläicht ze vill uniform. An dee ganz vertikal strukturéiert ass. A wou d'Wëssen am Frontalunterrecht triichterweis an ze vill saucissonnéiert vermëttelt gëtt, a wou jiddfer Enseignant op sech selwer gestallt ass. Wann ech dat dote soen, da soen ech et, well ech et och perséinlech deelweis esou erlieft hunn.

Dëst innovatiivt Konzept gëtt dem Neie Lycée eng horizontal Struktur, an dat esouwuel bei den Inhalter, bei de Programmer, bei de Methoden an esouguer beim Personal. Mir gesinn dëse Projet net als Reform, mä éischter als en experimentelle Schoulmodell. Zu Lëtzebuerg kenne mer d'experimentell Schoul net. Am Ausland gëtt et se wuel. An all Experiment dréit a sech de Risiko vum Echec, awer och d'Chance vun der Réussite. A réusséiere kann een awer nëmmen, wann een de Courage huet fir ze probéieren.

D'Aféierung vun enger Ganzdagsschoul entsprécht u sech enger Fuerderung vu villen Elteren. Dat ass keen Zoufall, wann een deen heitege familiären, sozialen a gesellschaftleche Kontext méi no betruecht. Aus dësem Kontext léisst sech deemno och schléissen, dass dee virleiende Projet kengem kuerzliewegen Zäitgeescht entsprécht, mä éischter enger reeller gesellschaftlecher Demande.

Dat bedeit och eng Ëmstellung vun den elo bestoende Gewunnechten. Schoul vun 8 Auer moies, respektiv 7.30 Auer, bis 16.30 Auer, respektiv 18 Auer, an dat fënnef Deeg an der Woch während dräi, respektiv véier Joer am Ganzen, ass e Schoulmodell, deen d'Kanner an d'Eltere musse fir sech verinnerlechen an un dee se sech musse gewinnen. De jonke Mënsch brauch awer doriwwer eraus och e gewëssene Fräiraum am Kader vu sengem Aacht- bis Zéng-Stonnen-Dag. An deen ze erméiglechen, dëse Fräiraum, ass och ee vun den Défien, deen den Neie Lycée muss opgräifen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat ufanks d'Iddi opgegraff fir den Neie Lycée „den anere Lycée" ze nennen, dofir wëllt ech gäre vu menger Riedezäit profitéieren, fir kuerz déi fënnef wichtegst Elementer an dësem Projet nach eng Kéier ze ënnersträichen, déi mir essentiell an deem neie Konzept erschéngen, a wou ech awer déi eng oder aner Reserv vläicht unzemellen hunn.

Deen éischte wichtegen Aspekt ass dee vum Projektunterrecht a vun der Interdisziplinaritéit. De Projektunterrecht orientéiert sech an éischter Linn um Vécu vum Schüler. Fréier war dat anescht. Theme ginn a Klassen an/oder a Gruppenaarbecht erschafft an d'Interdisziplinaritéit garantéiert just déi horizontal Dimensioun vun der Wëssensvermëttlung, dat heescht e selwecht Thema gëtt a verschiddene Fächer gläichzäiteg behandelt. Wou ech mer ka virstellen, dass d'Fach „éducation aux valeurs" och seng Plaz ka kréien.

Béid Approchë kommen dem Schüler sécherlech entgéint. Et muss awer Suerg gedroe ginn, dass d'Enseignanten op dës Method ze schaffe gutt virbereet sinn, déi néideg Formatioun hunn an deen néidege Savoir-faire matbréngen.

Déi zweet wichteg interessant Neierung ass dee sou genannte Portfolio. Et handelt sech hei ëm e Journal de bord, wéi en am Artikel 5 beschriwwen an definéiert ass, deen de schoulesche Parcours vum eenzelne Schüler dokumentéiert. E wichtegt Element heibäi ass d'Autoévaluatioun, wou esou munchereen awer Zweifel huet, ob de Schüler senger Verantwortung vis-à-vis vu sech selwer gerecht ka ginn. Ech mengen awer, et soll een d'Schüler net ënnerschätzen. Hei ass ouni Zweifel eng gewësse Selbstdisziplin erfuerdert, awer och déi néideg Hëllefstellung vum Personnel encadrant.

Een drëtte wichtegen Aspekt ass dee vun der Kooperatioun zwëschent den eenzelnen Enseignanten. D'Enseignantë schaffen a sou genannte pluridisziplinären Equipen, während dräi, respektiv véier Joer. Déi véier Klasse gi vu siwen Enseignanten an zwee Educateuren enseignéiert, respektiv encadréiert. Wann ech eng richteg Lecture vum Text gemaach hunn, da sinn déi véier Klasse souwuel aus dem Classique wéi och aus dem Secondaire technique an aus dem Préparatoire.

Fir d'Rentrée géing dat folgend Opdeelung ginn: Eng Equipe fir eng Klass aus dem Secondaire, zwou aus dem Secondaire technique an eng Klass aus dem Préparatoire; a fir déi zweet Equipe zwou Klassen aus dem Secondaire, eng aus dem Technique an eng aus dem Préparatoire. Ech gesinn dat als e wichtegt an och e positiivt Signal. Woubäi ech mech awer da froen, grad wéi den Här Adam, firwat dee strikte Cloisonnement tëschent deenen dräi Enseignementer esou strikt bäibehale gëtt.

E véiert Element ass dat vun der Evaluatioun vum Cycle d'orientation duerch en externe Jury. Och hei denken ech, datt dat eng couragéiert Dispositioun ass, déi awer och d'Determinatioun vun den Initiateure vum Projet dokumentéiert.

E wichtegen Akzent soll op déi wëssenschaftlech Begleedung vum Projet duerch d'Uni Lëtzebuerg geluecht ginn, sou wéi et beispillsweis vu verschiddene Beruffschamberen an Organisatiounen ugeduecht ginn ass.

Fënneftens léisst et sech driwwer streiden ob et sënnvoll ass Englesch am Secondaire obligatoresch an am Technique fakultativ ab Septième ze maachen; mä d'Zukunft wäert eis enges Dags d'Äntwert heirop ginn. D'Argument, d'Englesch géif och am Ausland esou fréi agefouert ginn, deem kann een entgéinthalen, datt alleguer eis Kanner ab sechs Joer a bis zum Schluss vun hirer Ausbildung an enger Friemsprooch scolariséiert ginn. Englesch ass in, gewëss, mä dat geet awer vläicht net duer, fir et esou fréi anzeféieren; mä wéi gesot, déi Äntwert kréie mer an der Zukunft.

Ech erlabe mer och drop hinzeweisen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt a ville Lycéeën interessant Projeten duerchgefouert gi sinn an duerchgefouert ginn. Dësen neie Lycée wäert d'Opmierksamkeet vun der Öffentlechkeet an der Press op sech zéien. Et wier wënschenswäert, wann all dat, wat ënnert dynameschen a wäitsiichtegen Direktiounen initiéiert ginn ass, och Beuechtung géif fannen. De virleiende Projet gëtt eis duerfir och d'Chance eise Bléck op déi Experienzen a Projeten ze riichten, déi an anere Lycéeë lafen a vun deenen net esou vill geschwat gëtt; dat géif nämlech d'Diskussioun ëm den Enseignement dynamiséieren an den Dialog tëschent traditionelle Lycéeën an dem Neie Lycée favoriséieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zum Schluss. Dëse Projet de loi huet et a sech. E beinhalt eng Hällewull Neierungen, déi d'Kanner an d'Personal musse verinnerlechen an an d'Praxis ëmsetzen an déi d'Direktioun méiglech maache muss. Et ginn aner Denkscheme verlaangt, well d'Approche an d'Philosophie eng ganz aner ass. D'Kooperatioun tëscht Schüler, d'Kooperatioun tëscht Enseignanten, d'Disponibilitéit vun den Équipes pédagogiques, déi psychologesch a sozial Betreiung - wann néideg -, d'Orientation scolaire am direkte Kontakt mat der Beruffswelt, dat alles kënnt engem gehéierege Kraaftakt gläich. Mä an dësem Fall muss een et mam Spréchwuert halen: «Le succès n'est pas quelque chose qu'il faille attendre, le succès est quelque chose qu'il faut rendre possible.»

Heimadder schléissen ech mäi Credo fir den Neie Lycée, deem ech bonne chance wënschen, ginn den Accord vu menger Fraktioun a soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Gantenbein. Domat ass d'Debatt eriwwer. D'Wuert huet elo d'Madame Minister vun der Éducation nationale, d'Madame Delvaux.

Ech wëll nach soen, dass op Grond vun den Obligatioune vu verschiddene Kolleegen, notamment an der Stad Lëtzebuerg an op anere Plazen, d'Votë vun alle Projets de loi, déi mer haut debattéieren, um Enn vun der Sitzung stattfannen.

Madame Delvaux!

Une voix.- A wéini ass dat?

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Dat hängt dovun of, wéi laang ech schwätzen.

M. le Président.- Wa mir fäerdeg si mat debattéieren. Mir hunn no der Madame Delvaux nach zwee Projeten a wa mir déi fäerdeg hunn, da stëmme mir iwwert déi dräi Projeten of.

Une voix.- Dat do gëtt et awer och nëmmen an der Stad.

(Hilarité)

M. le Président.- Madame Delvaux, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Här Bettel, et ass elo un der Madame Delvaux.

À moins datt si net wëll.

(Hilarité)

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Här President, wann Der mer d'Wuert gitt, dann huelen ech et.

M. le Président.- Ech hu probéiert dat ze maachen.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Villmools Merci.

Ech si frou, dass dee Projet haut gestëmmt gëtt. Et wonnert jo sécher keen, dass ech och meng Freed hei ausdrécken. A wann dat méiglech ass, dass mir en haut kënne stëmmen an och dass déi Schoul kann dëse 15. September ugoen, da kënnt Der lech denken, dass ganz vill Leit ganz vill dofir geschafft hunn. Ech wëll se net opzielen, mä ech wëll deenen alleguerte Merci soen.

Une voix.- Très bien.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- An da wëllt ech natierlech der Kommissioun Merci soen, déi och ee vun deene Gruppen ass, déi gehollef hunn, dass et weidergeet, an hirem President an dem Rapporteur fir déi interessant Diskussioun, déi mir haten an där Kommissioun, an och fir dee Rapport, deen zu dësem Gesetzesprojet hei virläit.

Ech wëllt och vläicht direkt soen, dass, wann de 15. September d'Schoul ugeet, an d'Gesetz eréischt de 5. Juli gestëmmt gëtt, eng gewëssen Onsécherheet bei deenen interesséierte Schüler an Eltere geherrscht huet, ob déi Schoul dann och wierklech géif opgoen oder net, sou datt déi éischt Fro wor, déi ech gestallt kritt hunn, wéi mir dann elo géifen d'Selektioun maache vun de Schüler, wa sech der géifen ze vill mellen. Op déi Fro brauch ech eigentlech net ze äntwerten, well de Moment jiddefalls hunn d'Leit nach gezéckt fir sech unzemellen an eng Schoul, fir déi et nach kee Gesetz gëtt an nach kee Gebai do ass.

An och do muss ech soen, dat ass zwar alles immens schnell gaangen, mä dat ass eng provisoresch Infrastruktur, an déi deen Neie Lycée zu Hollerech kënnt. Et ass eng Locatioun, déi de Stat mécht, an et ass och kee Luxusgebai. Et ass effektiv e Container, well mir an esou kuerzer Zäit - an dat kënnt Der lech jo denken - keng nei Infrastruktur erbäizaubere kënnen, net fir den Neie Lycée an och net fir eng aner Schoul. All Schoulinfrastruktur brauch seng Zäit a säi Wee an och den Neie Lycée kritt eng Kéier eng definitiv Bleif; e kritt e feste Bau dohinnergesat, mä e fänkt un an enger provisorescher Infrastruktur.

Wa mir déi Léisung vun der Rue des Maraîchers, déi an der Diskussioun war, mat där mir gesot hunn, den Neie Lycée géif an enger Primärschoul vun der Stad Lëtzebuerg ufänken, net zréckbehalen hunn, dann ass et aus där einfacher Ursaach, dass déi Infrastruktur duergaange wier fir dat éischt Joer an dann hätt missen direkt geplënnert gi fir dat zweet Joer. Dofir hu mer gemengt, da wier et awer och méi bëlleg, wa mir souwisou eng provisoresch Infrastruktur brauchen, fir direkt an eng ze goen, an där dee Lycée awer fënnef Joer - wann et muss sinn - ka bleiwen.

Sou vill zu där Eile, déi mer hei reprochéiert gëtt an dass et eng Hetz gewiescht wier, fir dee Projet do duerchzekréien. Et ass eng Hetz fir eng Infrastruktur dohinner ze kréien, mä d'Diskussioun ronderëm de Projet, mengen ech, konnte mir approfondéiert féieren, well sou vill Leit eben dru geschafft hunn. A wa keng gréisser Consultatioun zu dësem Projet stattfonnt huet, dann ass et ebe just, well et e Lycée-pilote ass mat engem pedagogesche Konzept, dee sech ëmsetzt an enger Ganzdagsschoul, an et gëtt natierlech schwéier mat Leit doriwwer ze diskutéieren, déi dat vu virera refuséieren.

Ech gesinn net, wou een de Kompromiss fënnt zwëschent deenen, déi fir e Konzept sinn, an déi, déi soen, mir sinn domadder net d'accord. Fir en halleft Konzept ëmzesetze fir e Lycée-pilote, do gesinn ech net wéi et geet. An dat erkläert, firwat bei deem heite Projet entweder d'Leit dofir oder radikal dogéint sinn. Ech mengen net, dass et eng Mëtt gëtt. Dat ass den Ënnerscheed mat anere Gesetzer, iwwert déi mir laang Consultatiounen hunn, well mir probéieren e Kompromiss ze fannen, well et d'Totalitéit vun der Schoul u sech ugeet an da muss een natierlech e gemeinsamen Nenner fannen.

An dësem Fall ass et jo, wéi scho vun all menge Virriedner gesot ginn ass, eng École expérimentale; an där hate mir bis elo hei an eisem Lëtzebuerger System net eng! Et ass also déi éischte Kéier. Ech mengen net, dass een elo do ka soen: Elo huele mer d'Halschent vun deem enge sengem Konzept an d'Halschent vun deem anere sengem. Well da geet et bestëmmt net op.

Dofir ass dat also effektiv ee Konzept, wat hannendru stécht. Dat assuméiere mir, an dat muss och esou sinn, well all Literatur, déi ech gelies hunn, weist, dass ee muss ee pedagogesche Konzept hunn, fir eng Ganzdagsschoul och ëmzesetzen. Wat net verhënnert, dass ee soll - wat ech och begréissen - Opfaangstrukturen an Encadrement ronderëm déi traditionell Schoule maachen, fir dass déi eng Offer hunn, déi et erméiglecht, dass d'Schüler méi laang an de Schoulinfrastrukture kënne bleiwen, ouni dass dat dann eng Ganzdagsschoul gëtt. Dat gëtt eng Schoul plus Encadrement, wat eppes anescht ass wéi e pedagogescht Konzept vun enger Ganzdagsschoul.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Ech wëll awer soen, dass dat Element Schoul iwwert de ganzen Dag erauszéien, mat Unitéite vu Schoul, déi alternéiere mat laange Pausen a mat Offres complémentaires vu moies bis am spéiden Nomëtteg, och u sech schonn ee Konzept ass.

Ech si perséinlech kee ferventen Unhänger, fir d'Schoulzäit ëmmer ze reduzéieren. An deene leschte Joren ass d'Schoulzäit compriméiert ginn, ouni dass d'Programmer compriméiert gi sinn. Dass mir d'Schoul domadder an eng schwiereg Lag bréngen, dat schéngt mer jo evident. Ech soen och all Enseignanten an all Elteren an all Schüler, deen et wëllt héieren: Mat mir gëtt et keng Reduzéierung vun der Schoulzäit. Ech mengen, dass dat net dee richtege Wee ass an där Zäit, an där mir haut liewen, an där d'Ufuerderungen un d'Schoul, un d'Enseignanten an un d'Schüler ëmmer méi grouss ginn. Dofir ass eleng schonn d'Ganzdagsschoul ee Konzept, wat sech u sech dréit.

Une voix.- Suergt emol dofir, dass d'Schoulzäit ganz genotzt gëtt!

(Interruptions)

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Wat ech dann awer och wëllt hei ënnersträichen, dat ass, dass deen Neie Lycée selbstverständlech och en Numm kritt. Deen heescht elo Neie Lycée. Well et eng partizipativ an eng kooperativ Schoul ass, fannen ech et och richteg, dass déi Communauté scolaire vun deenen Enseignanten an deene Schüler vum Neie Lycée sech zesummen en Numm gëtt, deen och dann en Emblem ass vun där Schoul. Dofir wollt ech soen, dass ee vläicht net eppes an deen Numm soll eraninterpretéieren, wat net draläit. Mä ech fannen déi Communauté scolaire soll sech selwer en Numm siche fir déi Schoul, déi si do zesummen opbauen.

Da wëllt ech soen, dass dat eng Schoul ass! Dat Déngen do, wat mer elo haut stëmmen a wat de 15. September ugeet, dat ass eng Schoul!

Une voix.- Ah jo!

Une autre voix.- Jo!

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Mat Enseignanten, déi ausgebilt sinn, déi déiselwecht Qualifikatioun hu wéi d'Enseignanten an deenen anere Lycéeën. Dat ass eng Schoul, déi e Programm huet, deeselwechte Programm wéi déi Parallellklasse Septième, Sixième, Cinquième, Quatrième respektiv Septième, Huitième, Neuvième. Et ass also net, dass déi am loftleere Raum do fonctionnéiert. Déi hunn e Wëssen ze vermëttelen, wat dat ass vun deene Parallellklassen an anere Lycéeën.

Also, et ass elo net fir eng Konfusioun hei ze maachen, déi zwar heefeg gemaach gëtt, net nëmme vun de Politiker, mä och nach vu villen anere Leit, an déi doranner besteet ze soen, e Buch ass gläich e Programm. Et gëtt e Programm, an da sicht ee sech dat Material, fir dee Programm do ëmzesetzen. Oft, vill ze oft ass et an eiser Schoul jo esou, dass mer e Buch hunn, a wa mer d'Buch gemaach hu vun der Säit eent bis d'Säit 250, dann hu mer gutt Schoul gehalen. Wéi d'Kompetenze si vun de Kanner, déi duerch dee Programm do geschleist gi sinn, wéi vill se dovunner verhalen hunn, wéi vill se dovunner verdaut hunn a verschafft hunn, dat ass jo net esou interessant, dat moosse mer net esou oft.

Mä wann ee säi Buch fäerdeg gemaach huet, dann ass een e gudden Enseignant. Dofir mengen ech, déi Fixatioun op Schoulbicher, dat ass e gudden Outil fir d'Enseignanten an och fir d'Kommunikatioun, mä et ass awer elo net, dass, wa kee Buch do ass, da kee Programm do ass. Ech mengen och net, dass een dat eeschthaft heibannen esou gemengt huet.

Da wat d'selwecht ass wéi an anere Lycéeën - an dat gëtt jo vu verschidde Säite bedauert -, dat ass, dass déi Schüler erakomme mat enger Orientation classique, technique a préparatoire. Ech verstinn, dass d'Leit dat bedaueren. Ech wëll awer soen, dass, wa mer déi Programmer, vu dass et een Axiom ass, dass mer dee Programm halen, deen an den anere Lycéeën ass, a vu dass vun der Sixième un d'Programmer relativ wäit ausernee ginn, an déi verschidde Filièren, huet et eis de Moment, an deem Stadium wou mer sinn, mat eise Programmdiskussiounen hei zu Lëtzebuerg, an eise Lycéeë schwéier geschéngt, fir op déi Andeelung an de Classique, Technique a Préparatoire ze verzichten.

Allerdéngs doduerch, dass vill Offeren iwwer ee ganzen Dag ginn, dass déi Kanner e ganzen Dag zesummeliewen, dass Ateliere kënne gemeinsam ugebuede ginn, ass natierlech dee Passage vun enger Filière an déi aner sécher méi einfach wéi an anere Schoulen.

Wat ass anescht am Lycée? Dat Éischt ass natierlech d'Organisatioun vum Dag. Evident. Ech mengen, dorobber brauch ech net weider anzegoen.

Dat Zweet, wat anescht ass, dat ass, dass dee Lycée eng Fräiheet kritt, wat d'Gestaltung vun de Fächer ugeet, déi déi aner Lycéeën net hunn. Dat heescht - dofir hu mer jo missen e Gesetz maache fir verschidden Exceptiounen ze schafen -, si kënne vill méi fräi mat de Schoulstonnen, a wéi déi op Fächer agedeelt sinn, ëmgoe wéi aner Lycéeën. Dat ass jo deen Élément-pilote, deen an dësem Lycée dran ass, fir eben och effektiv op engem Terrain experimentéieren ze kënnen.

Vu dass dat eng kleng Equipe ass, déi zesummeschafft, a motivéiert ass a sech regelméisseg gesäit - duerfir si se jo laang an der Schoul, dass se kënnen deen Échange organiséieren -, ass dat een Element, vun deem ech soen, wa mer do schlësseg Konklusiounen erauskréien, wéi mer déi Fächeropdeelung, déi traditionell ass, anescht kënnen organiséieren, da wier dat ganz hëllefräich fir déi ganz Schoul.

Mir solle jo net vergiessen, dass eise Schoulsystem eigentlech 200 Joer al ass. Dee baséiert op dem Humboldt sengem Kanon vu Fächer. Dat ass 200 Joer al! Ech mengen net, dass mer am drëtte Jordausend nach musse mat Rezepter vu virun 200 Joer schaffen. Allerdéngs ass et schwéier, eppes Neies anzeféieren, an dofir ass jo d'Iddi vun engem Lycée-pilote fir ze kucken, wou dann déi Piste sinn, wou mer déi nei Saachen, déi ee brauch - ee Schüler, deen haut aus der Schoul erausgeet, ass mat ganz aneren Erausfuerderunge konfrontéiert wéi virun 200 Joer -, kënnen erabréngen.

Dat ass déi Fräiheet, déi dee Lycée hei huet, fir doranner ze innovéieren, fächeriwwergräifend d'Saachen ze mixen ouni selbstverständlech d'Objektiv, dat ass de Programm erfëllen, aus den Aen ze verléieren. Mä si kënnen zwëschent deene strikten Trennungen, déi mer soss an der Schoul opgebaut hunn, méi flexibel agéieren.

Dat Drëtt, wat anescht ass… Ah, ee Wuert zu de Sprooche vläicht an deem Kontext, well dat jo wierklech e wichtege Punkt ass: Wéi ass et elo méiglech, wa se esou vill manner Sproochen hunn, dass se awer gutt sinn an de Sproochen? Dat ass jo eng wichteg Fro, déi mir och net egal ass. Also, ech menge schonn, dass d'Sproochekompetenz eppes ganz, ganz Wichteges ass, wat mer eise Kanner musse mat op de Wee ginn. An esou vill Sproochekompetenz wéi nëmme méiglech. Dat ass jo och den Objet vun där Etüd, déi mer maache loosse vum Conseil de l'Europe, vun där mer um Enn dëses Joers d'Resultat kréien an iwwert déi mer dann eng grouss Debatt kënne féieren.

Just, et muss ee wëssen, dass hei elo d'Fräiheet geholl ginn ass, fir effektiv déi Zuel vun deem, wat mer klassesche Sproochenunterrecht nennen, erofzesetzen, an dass déi Schüler, déi et brauchen, véier Stonne Perfectionnement eventuell kënne ganz op eng Sprooch setzen, fir de Retard opzeschaffen, dee se hunn. Dat ass emol dat éischt Element.

Dat Zweet ass, dass mer hei wierklech wëlle probéieren, dass Enseignanten, déi motivéiert sinn, dat maachen, wat mer eigentlech an all eise Schoule missten hunn, dat heescht, dass all Enseignant, deen d'Langue véhiculaire gebraucht, déi a sengem Fach virgeschriwwen ass, net nëmmen déi Langue véhiculaire gebraucht, mä dass hie sech eigentlech als Sproocheprof gesäit. Dass an deene Stonnen an der Geo, an der Bio, an der Mathé, am Zeechnen, an der Konscht, am Sport, wou eng Langue véhiculaire virgeschriwwen ass, net nëmmen déi Sprooch gebraucht gëtt, mä dass am Fong och Suergfalt drop geluecht gëtt, dass se richteg gebraucht gëtt.

An deene Projeten, wou d'Schüler mat hiren Enseignanten zesummen Themen erschaffen, do gëtt jo eng Produktioun gemaach. Déi gëtt jo op enger Sprooch gemaach. An déi schreiwe se selwer, a waméiglech, an dat ass d'Iddi vum Projet, ëmmer bilingue, dat heescht, en däitschen an e franséischen.

Domadder géife mer jo am Fong deen Exercice, dee mer brauche fir d'Sprooch ze applizéieren an net nëmme Grammairesregelen ze léieren, mä dat ze applizéieren, wat mer geléiert hunn, an deene Projeten esou ëmsetzen, dass ech der Meenung sinn, dass, wann dat alles klappt, eis Sproochekompetenz méi héich misst ginn, wann d'Kanner, d'Schüler aus deem Cycle d'orientation erauskommen.

Déi drëtt grouss Differenz ass d'Organisatioun duerch Equipen, dass also net all Proff nëmme säi Fach huet, mä dass ronderëm eng Klass Equipë vu siwen Enseignantë mat zwee Éducateurs gradués gebilt ginn, déi déi Schüler dann och begleede während hirer Scolaritéit. Dat heescht, ech hunn déiselwecht Equipe op der Septième, op der Huitième an op der Neuvième, à moins, dass et organisatoresch net méiglech ass, wat och eng Neierung ass an och eng grouss Erausfuerderung, well dat heescht jo, dass ech als Equipe Verantwortung hu vum éischten Dag un, wou déi Schüler a menger Schoul sinn, fir se ze begleede bis se erausginn.

Ech kann net soen, et ass dee vum Joer virdrun, deen d'Aarbecht, de Programm net fäerdeg gemaach huet. Mä déi Equipe ass eigentlech wéi den Trainer vun engem Sportler, an déi begleet e bis en da virun dee Jury kënnt oder säin Dossier virun de Jury kënnt. Dat ass eng ganz aner Approche an implizéiert natierlech, dass déi Equipen zesummeschaffen, dass se sech échangéieren iwwert d'Schüler, dass si hir Schüler gutt kennen an dass se déi regelméisseg begleeden.

Dat implizéiert och - an dat ass och zur Genüge gesot ginn -, dass d'Aarbechtszäit vun deenen Enseignanten an deem Lycée anescht ass wéi an anere Lycéeën, an dat implizéiert natierlech, dass sech alleguerten déi, déi sech do gemellt hunn, fräiwëlleg mellen, well se méi Presenz an der Schoul hunn. An ech sinn immens frou an ech soen all deene Merci, déi sech gemellt hunn, a mir hunn der genuch, fir dëst Joer a fir d'nächst Joer, an ech soen deenen alleguerte Merci, déi sech voller Energie a Begeeschterung an dee Projet do geheien.

Déi véiert grouss Differenz, wahrscheinlech déi gréisst, ass déi vun den Zensuren. Dat ass jo och hei laang diskutéiert ginn. Elo gëtt et keng Prüfunge méi a keng Punkten, an dat ass dann den Untergang vun eisem Schoulsystem. Also, ech wëll d'Leit berouegen: Et ginn och Prüfunge gemaach am Neie Lycée, well selbstverständlech och Wësse muss ofgefrot a getest ginn. Et ginn awer net nëmme Prüfunge gemaach, an ee vun de groussen Ënnerscheeder ass, dass anescht gepréift gëtt; esou stellen ech mer dat emol vir, ech gi jo net dohinner enseignéieren, mä ech ka mer et awer ganz gutt virstellen, wéi et fonctionnéiert.

Dat heescht, wann ech an enger klassescher Schoul eng Prüfung maachen, huele mer emol un iwwert den Accord vum Participe passé, an ech hunn doranner eng Datz, an dat ass jo heefeg, well dat ass op jidde Fall meng Erfahrung, den Accord vum Participe passé ass ongefëier dat Schwéierst, wat een am Franséische kann üben, an et kann een esou vill Schwieregkeeten drasetzen, dass keen eng Genügend an der ganzer Klass kritt, an dann hu mer dat Kapitel awer fäerdeg, an da kucke mer, bon, dann haten ebe 15 Kanner vun 20 oder 25 eng Datz, an da gi mer un dat nächst Kapitel. Domadder kënnen d'Kanner awer den Accord vum Participe passé nach net besser!

Hei misst et jo esou sinn, dass een, wann een deen Test do, dee soll d'Kompetenz definéieren, gemaach huet, soe kann, dee kann elo den Accord vum Participe passé. Da gëtt e Schwieregkeetsgrad festgeluecht. Wann deen dat net kann, muss en déi Prüfung nach eng Kéier maachen. Et huet jo kee Wäert da weiderzegoen.

Et ass awer esou, dass dat net limitéiert gëtt op déi Tester, mä u sech ass dat grousst Element vun deem Portfolio jo déi Produktiounen, déi d'Kanner an der Schoul maachen zesummen, entweder an den Equi-

pen oder individuell, an dat alles kënnt an deen Dossier fir éischtens de Progrès - Wat sinn d'Progrësë vun de Schüler? Wat kënne se? - ze dokumentéieren. An dat gëtt dann duerch déi Produktiounen, déi an de Portfolio kommen, gemaach. An et ass och dat, wat iwwer Joren opgebaut gëtt, wouvunner um Enn vun all Schouljoer den Enseignant mam Schüler zesummen en Tri mécht a seet: „Dat do loosse mer dran, dat dokumentéiert am Fong gutt däi Wëssensstand vum Moment." An et ass dat, wat dann herno bei de Jury geet.

Doniewent ass et jo esou, dass deen Neie Lycée selbstverständlech déi Épreuves communes, déi op der Neuvième respektiv op der Cinquième an alle Klassen, an alle Schoule gemaache gëtt, och mécht, an dat ass jo och een Element vum Dossier, wat jo da weist, wéi de Schüler sech situéiert par rapport zu deenen anere Schüler am Lëtzebuerger Land.

An da kënnt déi grouss Innovatioun. Dat ass déi, dass de Jury dann herno d'Orientatioun décidéiert, an dass mer also kloer déi Equipe dovunner trennen, déi Schoul hält an déi de Schüler begleet, déi am Fong eben hir Roll huet als Trainer. Si maachen eng Recommandatioun. Si soen: „Mir mengen dat do ass e Schüler fir eng Troisième B, an dat do ass ee fir eng Dixième paramédicale." Mä de Jury muss dat analyséieren a soen, esou ass et, oder esou ass et net.

Déi fënneft grouss Neierung, dat ass effektiv, wéiwäit d'Elteren do mat era kënne schwätzen. Dat ass jo och hei vun deenen engen als ganz gutt fonnt ginn, an déi aner fannen dat eng Katastroph. Och dat ass mengen ech een Element, duerch dat mer soen, mir hätte gären, dass d'Elteren ganz enk mat der Schoul zesummeschaffen. Ech mengen, dat ass wichteg. An ech mengen dat net nëmmen: All d'Experimenter weisen och, dass, wann eng gutt Zesummenaarbecht zwëschent der Schoul an dem Elterenhaus besteet, dat fir d'Kanner immens wichteg ass fir hir Entwécklung, well se gesinn, dass do e gemeinsaamt Zil an e gemeinsaamt Objektiv ass.

Dofir sinn ech frou, dass mer hei och eng Manéier fannen, fir auszeprobéieren, wéi et dann ass, wa mer d'Eltere méi no bei d'Orientatioun, bei d'Evaluatioun associéieren a wa mer se matschwätze loossen.

Ech ginn dovunner aus, dass wann do e regelméissegen Echange stattfënnt a wann d'Elteren ëmmer erëm Zensure kréien, wou eng Descriptioun drop ass, wou beschriwwen ass, wat effektiv dem Kand seng Progrësë sinn, wou seng Schwieregkeete sinn, wou seng Stäerkte sinn, dass et da vill méi einfach gëtt fir zesummen eng Décisioun ze huelen, wéi dass dat all Kéier - net all Kéier, mä a ville Fäll - eng dramatesch Konfrontatioun gëtt zwëschent der Schoul an den Elteren.

An ech froe mech oft: Wou hu mer de Kanner dann do en Déngscht geleescht, wa mer déi Konfrontatioun solle komme loossen? An eigentlech wëllt jo jiddfereen, dass dat Kand sech an der Schoul gutt entwéckelt. Dat ass jo d'Objektiv, an ech sinn esouguer dovunner iwwerzeegt, dass doriwwer eigentlech keen Désaccord besteet. Mir hätte jo gären, dass eis Schüler sou vill wéi méiglech vun der Schoul profitéieren, fir esou wäit wéi méiglech ze kommen a sou héich wéi méiglech Kompetenzen ze entwéckelen. An do gëtt et dach eigentlech keng Divergence de vue.

D'Fro ass just: Wéi brénge mer et fäerdeg, d'Schüler an d'Enseignanten esou ze motivéieren, dass se dat Objektiv wëllen zesummen erreechen?

Wann een de Kanner eng Offer mécht a seet, dir däerft oder dir musst - jee wéi een et dréit - vu moies aacht bis hallwer fënnef all Dag an der Schoul sinn, da mengen ech schonn, dass d'Schoul sech muss Méi gi fir eng interessant Offer unzebidden, fir dass d'Kanner gären dohinner ginn, dass se motivéiert sinn, well soss kann dat net fonctionnéieren. Wann een an deene Stonne mat motivéierten Enseignanten a motivéierte Kanner keng formidabel Resultater erauskritt, da weess ech net méi, wat mer mussen an der Schoul asetzen, fir dass et fonctionnéiert.

Dee leschte Punkt, deen dann nei ass bei dësem Lycée, mä deen awer Retombéeën huet op all déi aner Schoulen, dat ass d'Evaluatioun duerch d'Uni Lëtzebuerg.

Ech mengen, dat wär e wichtegt Element. Et ass fir eis wichteg ze wëssen, wa mer eng experimental Schoul maachen, dass mer déi vun Ufank un evaluéieren. Et ass awer grad esou wichteg, wa mer wëllen e Verglach hunn a wa mer wëllen Aussoen hunn, déi och iwwert den Dag eraus eppes wäert sinn, dass mer dann École-témoinen hunn. Dat heescht, dass déi Evaluatioun net nëmmen am Neie Lycée gemaach gëtt, mä dass se och parallell an anere Lycéeë gemaach gëtt, fir dass ee ka vergläichen. Sou dass mer vum September un am Neie Lycée mat der Uni Lëtzebuerg eng Evaluatioun maachen an nach an anere Lycéeën, fir ee Verglach ze hunn iwwert d'Joren, wéi dat soll fonctionnéieren.

Oft ginn ech gefrot: Wat gëtt dann elo? Wat ass do pilote a wat ass unique an där Schoul?

Ech mengen, dass ech déi Ausso haut net esou ka maachen. Dat Eenzegt, wat ech ka soen, dat ass: Et ass net geduecht de Modell vun enger Ganzdagsschoul iwwert d'ganzt Land ze generaliséieren. Dat wäert wuel unique bleiwen an dëser Schoul. Wann nach aner Schoulen déi Demande maachen, fir hir Horairen anescht ze organiséieren, dann hunn ech domadder kee Problem. Dass an all Regioun soll eng Offre scolaire bestoen, wou d'Kanner no de Schoulstonnen nach kënne bleiwen, schéngt mer richteg, ouni dass doduerch awer hire ganzen Horaire muss a Ganzdagsschoul ëmgewandelt ginn.

Wou ech grouss Erwaardungen dru knüpfen, dat ass dat Probéiere vun enger neier Evaluatioun. Ech ka mech erënneren, dass mer iwwer Joren hei soen: „Déi Punkten, dat ass jo schwiereg. Zwar si mer dru gewinnt, awer vläicht misst een nach accessoire Saachen offréieren." Ier mer dat kënne soen, mengen ech, solle mer deem Neie Lycée eng Chance ginn, fir déi Saachen auszeprobéieren, se ze evaluéieren, se ze dokumentéieren, se ze diskutéieren, ier ee kann dohinner goen a soen, dat eent oder anert Element vun där Schoul do sollte mer generaliséieren.

Hei ass e puermol d'Suerg ausgedréckt ginn, dass ech iwwert dem Neie Lycée déi aner Schoulen net soll vergiessen. Also, ech weess net, ech fannen et normal, dass en Unterrechtsminister fir alleguerten d'Schoulen do ass. An ech fannen et och normal, dass d'Politik dofir suergt, dass all Schoulen eng convenabel Infrastruktur kréien, an dat ass jo dee Programm, un deem mer mam Bauteminister zesummen amgaang sinn ze schaffe fir weiderzekommen.

Dat Zweet ass, dass mat deem Vote vun engem Neie Lycée a mam Ufank vun enger Schoul, déi dann eng experimentell Schoul hei zu Lëtzebuerg ass, d'Reformen an der Éducation nationale net zu Enn sinn. Deen éischte groussen Dossier, dee mer elo diskutéieren, ass dee vun de Sproochekompetenzen, iwwert déi mir eben déi Expertise vum Conseil de l'Europe ofwaarden. Dat ass sécher eppes, wat sämtlech Schoulen ugeet, vun de Primärschoulen iwwert d'Lycéeën, an iwwer wat mer eng grouss Diskussioun mat hinne musse féieren.

Mir haten dëst Joer fir d'éischt am Mee eng Journée des projets vun de Lycéeën, an ech muss soen, et war immens interessant, wéi all Lycée seng Projete virgestallt huet. Mir wëllen déi Traditioun och weiderféieren a se ausdehnen, fir dass eben en Echange entsteet an dass mer och dokumentéieren, wat vun Initiativen an de Lycéeë besteet, fir dass net all Lycée alles nei ausprobéiert, mä dass mer dat dokumentéieren, échangéieren an eventuell generaliséieren, wat sech bewäert - jee wéi déi Dokumentatioun dann ausfält.

Ech hunn nach eng Fro kritt zum Transport. Den Här Henckes hat mech gefrot. Den Transport ass organiséiert zesumme mam Ministère vum Transport, an zwar mëttels enger Navette vun der Gare bis op Hollerech, respektiv vum Geesseknäppche bis op Hollerech zu deene Stonnen, wou déi Kanner mussen dohinner kommen.

Wat de Coût ugeet, sou ass dat natierlech ganz schwéier ze soen. Sous toute réserve hu mer probéiert deen auszerechnen. Verglach mat engem comparabele Lycée, wann dee bis fonctionnéiert, mat ongefëier 600 Schüler, hu mer ausgerechent, dass mer da 4,6 Enseignantë manner brauche wéi an engem comparabele Lycée; par contre hu mer jo dann awer Educateuren. Mir hu jo 13 Educateure fir de Lycée. No där Berechnung, déi ech do virleien hunn, entspriechen déi 4,6 Enseignanten dem Coût vun néng Educateuren, sou dass mer nach e Surcoût vu véier Educateuren hätten.

Dat ass awer alles äusserst hypothetesch a just fir ze soen, dass mer eis beméit hunn, fir där Demande do entgéintzekommen. Vu dass mer jo och, besonnesch wa mer d'Offre scolaire, den Encadrement ausserhalb vun de Schoule wëllen ausdehnen, an anere Schoulen Educateuren mussen astellen, mengen ech, soll ee vläicht déi Schoulen eng Rei Jore fonctionnéiere loossen an dann d'Evaluatioun maachen, fir ze kucke wéi et mam Coût ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll nach eng Kéier soen, dass ech immens frou sinn, och fir dee Support, deen den Neie Lycée hei an der Chamber fënnt. Et ass normal, wann esou eppes diskutéiert an gestëmmt gëtt, dass déi eng Leit dat mat immensen Erwaardungen ukucken an déi aner mat enger riseger Skepsis. Ech kann dat alles verstoen. Ech huelen un, deemno wéi een Dag dass een huet, dass deeselwechten deen een Dag Skepsis huet an deen aneren eng riseg Hoffnung.

Mir bleift, Iech Merci ze soen. Ech wëll där Equipe, déi den Neie Lycée iwwerhëlt, soen, dass op si eng ganz riseg Erwaardung laascht, an ech wënschen hir vill Asaz. An ech wëll hinnen alleguerten och just soen, dass mir alleguerte wëssen, dass et een immensen Défi ass, dee mir uginn. E puer vun den Défië sinn opgezielt ginn - Projektunterricht, Teamteaching, nei Horairen - also, deen Défi fir d'Equipe ass riseg.

Ech wënschen hinnen an eis alleguerten, dass si där Saach gewuess sinn, an ech sinn iwwerzeegt, dass dat och esou ass.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir bleiwe bei deem, wat ugekënnegt ass. D'Votë gi gruppéiert zum Schluss vun dëser Sëtzung.

Une voix.- Dat ass mir ganz nei!

(Interruptions)

M. le Président.- Dat war virdru vum éischte President proposéiert ginn an och esou ugeholl ginn.

(Brouhaha général)

Mir kommen dann zum nächste Projet de loi, an zwar zum Projet de loi 5395 iwwert d'Personal vum Service rééducatif ambulatoire. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen, als éischt Riednerin d'Madame Gantenbein, d'Madame Brasseur, den Här Adam an den Här Henckes. D'Wuert huet dann den Här Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här John Castegnaro. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

4. 5395 - Projet de loi portant engagement à durée indéterminée du personnel du Service rééducatif ambulatoire (SREA)

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. John Castegnaro *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Madame Minister, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, mir sollen haut dem Projet de loi 5395 betreffend dem SREA (Service rééducatif ambulatoire) eis Zoustëmmung ginn. Dëst, nodeem déi zoustänneg Parlamentskommissioun den 28. Juni dëst Joer, de Statsrot de 24. Juni - zwar mat enger Opposition formelle, där mir awer Rechnung gedroen hunn -, an déi zoustänneg Beruffschamber schonn den 12. Dezember 2004 hir Zoustëmmung ginn hunn.

Et ass kee grousst Gesetz - et geet ëm een Artikel -, mä et ass e Gesetz, wat bedeitend ass fir déi 107 Beschäftegt, dovun 105 Fraen, déi elo endlech gesinn, dass hiert prekäert Aarbechtsverhältnis an e festen Aarbechtsvertrag als „employé de l'État à durée indéterminée" ëmgewandelt gëtt.

An et kann ee soen: Net ze fréi a souwisou war et iwwerfälleg, well et eigentlech eng noutwendeg Regulariséierung vum Artikel 13 vum Gesetz vum 24. November 1989 iwwert den Aarbechtsvertrag respektéieren deet, an domat dann, well mir dann awer extra légiféréiere mussen, enger peinlecher Situatioun een Enn gesat gëtt.

Et muss een och soen, dass dëst mat vill Verspéidung eng Unerkennung ass fir eng bedeitend Aarbecht am Interesse vun der Integratioun vu Kanner an eise Primärschoulen. Vu Kanner, déi zu deene Schwächste gehéieren an déi just dofir een Usproch op dës Integratioun an domat och op Chancëgläichheet an Zukunftsperspektiven duerch eng geziilte professionell Ënnerstëtzung kréien.

De SREA ass 1994 gegrënnt ginn, wat méiglech war duerch d'Basisgesetz iwwert d'Éducation différenciée vum 24. Mäerz 1973 an ass mat ronn zéng Educateure gestart ginn. Déi positiv Resultater vun der Aarbecht an déi unerkannten Noutwendegkeet vun enger geziilter Begleedung vun deene Kanner, déi zu deene Schwächste gehéieren, huet zu engem permanenten Ausbau vun deem Service gefouert an och zu enger Reorganisatioun vun där Déngschtstell, ouni dass - leider soen ech - gläichzäiteg déi noutwendeg Regulariséierung ageleet gouf.

Et huet een zënter 2003 erkannt, dass et endlech eng politesch Zoustëmmung géif ginn, fir déi prekär Situatioun an een normaalt Aarbechtsverhältnis ëmzewandelen. An dach huet et bis den 10. November 2004 gedauert, bis d'Schoulministerin Mady Delvaux-Stehres dee Gesetzesprojet deponéiert huet an dass mir et fäerdeg bruecht hunn, ebe vum Statsrot de 14. Juni 2005 een Avis ze kréien an et als Kommissioun den 28. Juni eestëmmeg verabschide konnten.

Erlaabt mir, Kolleeginnen a Kolleegen, awer e puer zousätzlech an och kritesch Bemierkungen.

Ech gi jo dovun aus, dass dëst héicht Haus haut seng Zoustëmmung gëtt, wéinst der Regulariséierung an awer och der Tatsaach, dass mir domat endlech eng kloer Situatioun fir d'Rentrée scolaire 2005 an 2006 hunn. Dat ass ee positive Punkt an domat verschwënnt en onnéidege Schéinheetsfleck.

Mä, mat dësem Gesetz - an dat muss een och ënnersträichen - maache mir eigentlech nëmme Vergaangenheetsbewältegung an nëmmen e klenge Schrëtt a Richtung Zukunft an dat, well de Stat a senger starrer, onflexibler Organisatioun, echten, erkannten a festgestelltene Bedierfnisser nëmme schwéierfälleg an da mat Jore Verspéidung nokënnt an net ëmmer senger Responsabilitéit, besonnesch de Bedierfnisser vun deene Schwächsten an eiser Gesellschaft géigeniwwer, gerecht gëtt.

Dann, een aneren negative Punkt: Dee bestoenden Numerus clausus, deen oft en héije Schiedlechkeetseffekt huet, well e reell Besoinen net oder nëmme ganz spéit erkennt a befriddegt, respektiv da Léisungen iwwer Ëmweeër gesicht ginn, wéi an dësem Fall, wou d'Gemengen, souwäit si déi finanziell Moyenen hunn an och déi politesch Responsabilitéit, parallell Déngschtstelle schafen, déi nëtzlech sinn a mat Sécherheet gutt Aarbecht maachen, mä déi net onbedéngt an de System integréiert sinn.

Mir dierfen a kengem Fall vergiessen, Kolleeginnen a Kolleegen, dass et och hei, wéi bei allem, wat mat der Schoul ze dinn huet, ëm d'Interesse vun eise Kanner geet an do sollt eis keng Ustrengung ze vill sinn, respektiv musse mir bereet sinn - a mir hunn dat jo virdrun an dem Projet Neie Lycée festgestallt - ëmzedenken an ze innovéieren an domat och bestoend Gesetzer an deem Sënn ze moderniséieren.

An dofir soen ech: Firwat sollt een net bei der ustehender Reform vum Schoulgesetz vun 1912 en neien a méi e breede Kader setzen, fir all deenen Usprëch, déi eis Gesellschaft och un d'Schoul stellt, an deenen Erausfuerderungen, déi d'Zukunft un eis alleguer stellt, gerecht ze ginn?

Dat géing bedeiten, dass d'Schoul an hirer Organisatioun méi villfälteg, an domat menger Meenung no méi effikass kéint ginn, duerch zum Beispill wéi an dësem Fall eng enk Zesummenaarbecht vu Schoulmeeschterinnen a Schoulmeeschter an Educateuren, an dat géing am Endeffekt och bedeite méi effikass souwuel fir d'Léierpersonal wéi och - a besonnesch - fir d'Kanner. Ass dat Zukunftsmusek? Neen, soen ech. D'Reform vum Schoulgesetz, och am Sënn vun eiser aller Interpretatioun vun deene PISA-Etüden, muss eng éischt Prioritéit hunn an deenen Erausfuerderungen an och där heiter Rechnung droen.

Wann ech gesot hunn, dass dëst Gesetz virrangeg Vergaangenheetsbewältegung bedeit, dann ass dat, fir dorop hinzeweisen, dass mir zur Zäit 135 Unitéiten un Assistenz am Asaz hunn, an zënter 2001 op 2.377 Stonne begrenzter Assistenzaarbecht kommen, e Problem, deen eigentlech entstanen ass aus der Précaritéit vun der Situatioun an duerch d'Noutwendegkeet, dass iwwert de Statsbudget jo all Joer huet misse e gréngt Liicht kommen, fir iwwerhaapt kënnen dee Service do unzebidden.

Mä déi Begrenzung, déi eng Flucht no vir war, fir eppes a Bewegung